déi nohalteg Entwécklung hei zu Lëtzebuerg. D'Riedezäit ass nom Modell zwee festgeluegt. Et si schonn ageschriwwe bis elo déi Hären: Schank, Bodry, Graas, Mehlen, Gira, Urbany a Fayot.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vun der Ëmweltkommissioun, den honorablen Här Emile Calmes.

4. Débat d'orientation sur le développement durable au Luxembourg – N°4777

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Emile Calmes *(DP), rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Nohaltegkeet steet iwwer allem. Här President, de Prinzip vun der nohalteger Entwécklung wäert d'Schrëtt vun der Regierung an alle Politikberäicher leeden.

„Dëst ass virun allem wouer am Beräich vun der Ëmweltpolitik, mä net nëmmen do", dat waren d'Wierder, déi de Statsminister gebraucht huet am Kader vun der Regierungserklärung am August 1999. Am Joer duerno – wann ech mech net ieren – huet de Statsminister bei der Geleeënheet vun der Présentatioun iwwert d'Lag vun der Natioun dëst Wuert net manner wéi 22-mol gebraucht.

Mä richteg a Bewegung koum de Begrëff vun der Nohaltegkeet awer eréischt vill méi spéit, nodeem de Statsminister, am Kader vun den Diskussiounen ëm de Rentendësch, vun engem 700.000-Leit-Stat geschwat oder gewarnt huet, fir datt mer an eisem Land de sozialen Niveau, dee mer haut erreecht hunn, kënnen halen.

Dës Aussoen hu bei ganz ville Matbierger Ängschten ervirgeruff. Op der enger Säit d'Angscht vun de Lëtzebuerger, minoritär an hirem eegene Land ze ginn, an anerersäits d'Angscht virun engem weidere Verloscht vun hirer Liewensqualitéit am Sënn vun enger net materieller Liewensqualitéit.

Och wann déi Debatt relativ emotionell gefouert gëtt, kann een a sech net verstoen, firwat datt d'Lëtzebuerger op eemol Angscht virun der Zukunft sollen hunn, wou se dach an der Vergaangenheet ëmmer d'Zukunft als Erausfuerderung ugeholl hunn.

Trotzdeem, mengen ech, kann een dem Statsminister merci soen, dass hie mat dëser Ausso den Débat iwwert d'Zukunft vu Lëtzebuerg lancéiert huet. Leider ass dësen Débat, mengem Gefill no, op d'mannst an déi falsch Richtung gaang an den Débat iwwert d'Zukunft vu Lëtzebuerg huet sech leider an een Débat iwwer Immigratioun entwéckelt.

Do sinn ech perséinlech ganz retizent, well ech fäerten, datt et eis net besser geet, wéi dat an anere Länner de Fall ass, datt et sech herno an enger Auslännerdebatt kann entwéckelen.

A verschiddenen europäesche Länner, wéi Éisträich, Italien, Frankräich oder Dänemark konnt een dës Diskussioune jo verfollegen. Ech wollt just drun erënneren, dass an dëse Länner 6-8% Auslänner wunnen, an dass zu Lëtzebuerg mir haut scho 37% Auslänner bei eis wunnen hunn. Duerfir mengen ech, muss nohalteg Entwécklung d'Primat vun allen Diskussioune bei der Zukunft iwwer Lëtzebuerg sinn oder ob d'mannst gläichzäiteg mat all deenen anere Sujeten equivalent diskutéiert ginn.

Souwisou léisst dës Debatt sech ganz schwéier mat der Debatt vun der Immigratioun diskutéieren, well onofhängeg vun der Zuel vun den Awunner misst d'Zukunft fir Lëtzebuerg nohalteg sinn. Do spillt a sech d'Zuel vun den Awunner keng Roll. Et spillt keng Roll, ob mer zu 300.000, zu 450.000 oder zu 700.000 sinn. D'Zuel spillt also keng Roll, mä zemol spillt d'Nationalitéit vun deene Leit, déi bei eis wunnen, absolut keng Roll.

Géifen déi Leit, déi haut bei eis wunnen, sech op eemol décidéieren, anstatt 1,7 Kanner ze kréien, der 3 en Moyenne ze kréien, da wier d'Entwécklung déiselwecht. Mir hätten dann och am Joer 2050 no u 700.000 Leit. D'Verhältnis wär dann nach ëmmer datselwecht wéi haut, an dach misste mer eis, mengen ech, iwwert d'Thema vun der Nohaltegkeet ënnerhalen.

Duerfir mengen ech, wa mer wëllen iwwer Immigratioun am Kader vun der Nohaltegkeet diskutéieren, da solle mer iwwer Integratioun schwätzen. Datt d'demographesch Entwécklung net onbedéngt een Afloss huet op d'Liewensqualitéit vun de Lëtzebuerger, huet déi SERI-Etüd bewisen, déi viru kuerzem virgestallt ginn ass, mä et huet een awer net brauchen, op déi SERI-Etüd ze waarden, fir dat gewuer ze ginn. De Représentant vun der Agence européenne de l'environnement hat eis dat schonn am Virfeld confirméiert.

Et ass also kloer, datt et an dëser Debatt net méi ëm ee Lëtzebuerg vu mar, mat enger hypothetescher Zuel vu 700.000 Leit geet, mä et geet drëm, wéi mir eis haut organiséieren, wat fir eng Politik mir haut maachen, fir dass d'Awunner vu mar, an egal wéi vill et der sinn, an egal wien et ass, et nach derwäert fannen, hei zu Lëtzebuerg ze liewen.

Wann ech dat alles gesot hunn, da weess awer nach ëmmer keen eppes mat Nohaltegkeet unzefänken an eng Ëmfro an Däitschland huet erginn, datt 90% vun de Leit mat dësem strapazéierte Begrëff näischt kënnen ufänken. D'Resultater vun engem Micro-trottoir d'lescht Woch hei zu Lëtzebuerg konnten dat nëmme confirméieren, do waren och ganz flott Aussoen, trotzdeem dobäi.

Nohaltegkeet ass e relativ neie Begrëff, e Begrëff, deen zu Rio op der Ëmweltkonferenz 1992 geprägt ginn ass. Dat sinn eréischt zéng Joer hier, a well dat nach net méi laang hier ass, kann ee verstoen, datt nach net jidd-

fereen dësen Terme iwwerhaapt kennt, an datt net jiddfereen eppes mat dësem Begrëff kann ufänken.

Duerfir soll den Débat vun haut virun allem dozou déngen, de Leit de Begrëff méi no ze bréngen. An all déi, déi mengen et géif elo an der Ëmsetzung vun der Nohaltegkeet méi séier goen, solle sech net ieren an net aus den A verléieren, wéi laang datt et gebraucht huet, bis mer de Contrat social ëmgesat hunn. Et huet ongeféier 100 Joer gedauert, bis an de Käpp vun de Leit déi sozial Dimensioun, um Niveau vun der Wirtschaftsdimensioun, war. Dat, mengen ech, hu mer an eise Breitegraden, op d'mannst hei zu Lëtzebuerg erreecht. Et bleift just ze hoffen, datt d'Ëmsetze vum Contrat naturel, deen een esou kann nennen, net 100 Joer brauch, iert en ëmgesat gëtt.

Nohaltegkeet ass ee Wuert, dat virun allem international geprägt ginn ass. Et ass als Stéchwuert fir d'Léisung vu globalen, planetäre Problemer geholl ginn. Et ass a sech d'Äntwert vun der Gesellschaft op ee Kapitalismus, deen dach awer oft rücksichtslos virgeet, an awer och op d'Scheitere vum Kommunismus a vum Sozialismus.

Et ass geprägt ginn als Äntwert op d'Globaliséierung, déi nom Fall vun der Berliner Mauer ugefaangen huet. An net méi spéit wéi um nächste Sommet zu Johannisburg, wäert d'franséisch Regierung proposéieren, e Contrepoids zum OMC ze maachen, fir esou en Office mondial de l'environnement ze schafen. Ech ka mer virstellen, datt dat d'Ënnerstëtzung vun der Lëtzebuerger Delegatioun wäert fannen.

Wann ee kuckt, d'Problemer global ze léisen, da gehéiert do selbstverständlech – an et ass elo grad hei ugeklongen – déi international Solidaritéit dozou. Domat kënne mir Lëtzebuerger eis op d'mannst weisen. Mir hunn dat erfëllt, zu deem mer eis engagéiert haten: eis 0,7% vum Bruttoinlandsprodukt der Kooperatioun zegutt kommen ze loossen, a mir hunn eis virgeholl, op 1% virunzegoen. Et muss een hei ënnersträichen, datt ouni international Solidaritéit et keng nohalteg Entwécklung gëtt an et keng raisonnabel Immigratioun ka ginn.

Ech wëll nach eemol betounen, datt zu Rio de Principe de responsabilité et de solidarité internationales ee Prinzip war, nieft dem Haaptprinzip, deen de Principe de précaution war.

Zu Lëtzebuerg bedeit Nohaltegkeet eist Land op d'Zukunft preparéieren. Et geet drëm, eis Liewensqualitéit ze halen oder wa méiglech nach ze verbesseren, sou wäit wéi dat hei zu Lëtzebuerg nach méiglech ass. Lëtzebuerg ass nun eben emol eent vun deene räichste Länner. Eise Produit intérieur brut ass deen héichste weltwäit.

Mir wëssen alleguer awer, dass dësen Indicateur net deen eenzege Critère ka sinn, fir eis Liewensqualitéit ze moossen. De materielle Räichtum an d'Liewensqualitéit oder de Bien-être vun de Leit sinn net onbedéngt ëmmer positiv matenee verbonnen. U sech ass d'Nohaltegkeet d'Method oder de Stoff, mat deem mer d'Zukunft solle maachen, an d'Objektiv, dat wat mer sollen erreechen, dat ass d'Erhalen oder d'Verbessere vun eiser Liewensqualitéit, déi natierlech jiddfereen anescht gesäit: deen ee gesäit se méi materiell an deen anere méi immateriell. Ech kommen dorop nach zréck.

D'Chifferen hei zu Lëtzebuerg, dat kënnt Der jo am Rapport noliesen, weisen awer eendäiteg drop hin, datt et an der Diskussioun hei drëm geet, de Volet Ëmwelt op deen nämlechte Volet ze setze wéi dee vun der Wirtschaft- an der Sozialpolitik, fir esou ëmmer als Zil ze hunn, eis Liewensqualitéit ze erhalen.

Bei eis kann ee jo net soen, datt de Wirtschaftswuesstum net héich genuch wier. Dat ka keen hei soen, grad esou, wéi kee ka soen, datt d'sozial Leeschtungen net héich genuch wieren. D'Etüden, déi gemaach gi sinn, weisen, datt en erheblechen Drock ganz einfach op d'Ëmwelt besteet. Dobäi wëll ech awer ënnersträichen, datt et selbstverständlech net esou ass, datt Wirtschaftswuesstum, sozial Gerechtegkeet, Ëmweltschutz, Bevölkerungszouwuess a Liewensqualitéit sech ausschléissen.

Liewensqualitéit ass, mengen ech, – an ech widderhuele mech do derbäi – net d'Fonctioun vun der Awunnerzuel, wier dat nämlech esou, dann hätt d'Liewensqualitéit viru 50 Joer méi héich misste sinn, wéi dat haut de Fall ass. Dat war awer net de Fall.

Liewensqualitéit ass vill méi eng Fro vun nohalteger Entwécklung, vun engem qualitative Wuesstum, andeem d'Primat vum onageschränkte Wuesstum grad esou wéi d'Primat vun enger totaler Ekologiséierung dem Primat vun der Nohaltegkeet musse wäichen. Dëst ass natierlech méi séier gesot wéi gemaach. Et läit dofir un der Politik, sech dëser Erausfuerderung ze stellen, wéi sech Wirtschaft, Soziales an Ëmwelt am Sënn vun enger nohalteger Entwécklung kënne verdroen, ouni dass d'Liewensqualitéit allgemeng – och wann dëst vu jidderengem anescht gesi gëtt – a Fro gestallt gëtt.

D'Regierungserklärung vun 1999 huet deem Rechnung gedroen, an dee vun der viregter Regierung ausgeschafften Nohaltegkeetsplang war och Objet vun den Diskussiounen an der Ëmweltkommissioun en vue vun där Debatt, déi mer haut hei hunn.

Den Nohaltegkeetsplang ass eng Strategie, déi op Grond vun de Beschlëss vu Rio an en vue vun der Konferenz vu Johannesburg vun der Regierung an zumools vum Ëmweltminister ausgeschafft ginn ass, dëst am Konsens an zesumme mat deenen anere Ministèren. Dëse Plang ass 1999 der Öffentlechkeet virgestallt ginn, a well en nach net an der Chamber diskutéiert ginn ass, kréie mer dann haut d'Geleeënheet, fir dëst ze maachen, awer och nach duerno selbstverständlech, a virun allem dann, wa mer eis emol eens sinn, wéi dass dat soll geschéien.

Den Nohaltegkeetsplang seet, wéi eis Wirtschaftspolitik, eis Sozialpolitik an eis Ëmweltpolitik openeen ofgestëmmt solle ginn. Et sinn doranner déi Domäner opgelëscht, wou prioritär Aktioune sech opdrängen, grad esou wéi konkret Objektiver an déi néideg Aktiounen an Instrumenter virgesi ginn, mat deenen dës Objektiver kënne realiséiert ginn.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Ech ginn lech nëmmen e puer Beispiller, déi doranner stinn. Et steet zum Beispill dran, dass bis 2010 op d'mannst 5% vun der landwirtschaftlecher Surface fir eng biologesch Landwirtschaft solle reservéiert ginn,

dass bis 2010 20% vun der Energie-Intensitéit sollen agespuert ginn an dat par rapport zu 1993,

dass am Beräich vun de Gebaier den Energieverbrauch bis 2020 ëm 30% soll erofgesat ginn,

dass bis 2010 30% vun den Déplacementer iwwert den öffentlechen Transport solle gemaach ginn,

dass bis 2005 15% vun eisem Territoire als Réseau national „biodiversité" solle geschaaft ginn,

dass de Landverbrauch bis 2005 soll stabiliséiert ginn a bis 2010 ëm 50% soll reduzéiert ginn.

Dëst, fir nëmme just e puer Beispiller ze nennen. Et ass sécher, dass eng ganz Rei Objektiver an deem Sënn mussen adaptéiert ginn, vläicht no uewen. Et sinn der awer och derbäi, déi vläicht no ënne mussen adaptéiert ginn.

Wann ech dat hei soen, da wëllt dat net heeschen, dass an der Vergaangenheet net schonn nohalteg geschafft ginn ass. Am Laf vun der Zäit hu mer eis mat enger Législatioun dotéiert, déi et eis haut schonn erlaabt, wa mer se respektéieren, eng nohalteg Politik ze maachen. Ech denken un d'Loftverschmotzungsgesetz, un d'Naturschutzgesetz, un d'Gesetz iwwert de Schutz an d'Gestioun vum Waasser, un d'Offallgesetz, un d'Energiegesetz a virun allem och un d'Kommodosgesetz.

Och déi lescht Regierung war aktiv an deem Sënn an huet eng ganz Partie Mesurë geholl, déi an déi richteg Richtung ginn. Selbstverständlech sinn et der ni genuch, an alles, wat ee sech an esou engem Koalitiounsaccord virhëlt, konnt menges Wëssens no nach ni realiséiert ginn. Mä ech ginn lech awer trotzdeem den Hiwäis: Am Tableau synoptique, wou d'Objektiver aus dem Plang mam Accord de coalition dra stinn, datt de Wëllen do war, fir aktiv ze ginn.

Ech mengen, dass et och kee Konsens iwwert den Nohaltegkeetsplang an eiser Gesellschaft gëtt. Dat krute mer an deem Hearing ze héieren, dee mer an der Kommissioun organiséiert haten, en Hearing, zesumme mat deene konzernéierte Ministèren, awer och mat deene konzernéierte Chambres professionnelles a mat deene verschiddene Représentanten aus der Société civile. Et kann ee wierklech net vu Konsens schwätzen iwwert de Wee, wéi een hei am Land méi Nohaltegkeet kann erreechen. Ech weess net, ob ee vun engem Konflikt schwätze kann, deen et tëschent der Wirtschaft, dem Sozialen an der Ëmwelt gëtt, mä ëmmerhi kann een awer vun engem déiwe Gruef schwätzen. An ech mengen, et läit just un der Politik, fir dëse Gruef ze verklengeren.

Mir hunn och gesinn, wéi mer iwwert deen Nohaltegskeetsplang an der zoustänneger Kommissioun diskutéiert hunn, dass mer wierklech um Fong vum Sujet ukomm sinn a mir brauchen eis u sech net weider driwwer ze streiden, wat fir eng Form dësen Débat soll kréien. Mir wäerte genuch Differenzen um Fong kréien.

Fir de Rescht wollt ech awer ënnersträichen, dass, wann och jiddereen aner Positiounen hat, sech all déi, déi dohinner komm sinn, sech erheblech Méi gemaach hunn, positiv matzeschaffen an e korrekte schrëftlechen a mëndleche Rapport eran ze ginn.

1. Wéi soll et dann elo virugoe mat der Nohaltegkeet hei zu Lëtzebuerg? Ech mengen, et ass virun allem wichteg, dass den Débat u méi Objektivitéit gewënnt. Dat kann awer nëmme sinn, wann en Inventaire virläit, deen eis wëssenschaftlech an objektiv Donnéeë liwwert, esou dass mer wëssen, vu wat dass mer schwätzen.

2. Ech sinn och der Meenung, dass dësen Débat eng legislativ Suite muss kréien an deem Sënn, dass et awer gutt ass, dass d'Regierung der Chamber e Gesetzesprojet presentéiert, andeem ee fir allemol deen Nohaltegkeetsplang mat sengen Objektiver, Aktiounen an Instrumenter festsetzt. An dee Projet de loi kënnt och drastoen, dass all zwee Joer e Rapport iwwert d'Entwécklung vun der Nohaltegkeetspolitik zu Lëtzebuerg der Chamber soll virgeluegt ginn, deen op Grond vun Indicateure soll virgestallt ginn, déi viru kuerzem an der Kommissioun vum Ëmweltminister a vum Statssekretär virgestallt gi sinn. Dës Indicateure couvréieren déi dräi Dimensioune vun der Nohaltegkeet.

   Wat déi sozial Dimensioun ugeet, sinn Indicateure proposéiert ginn, déi de Bien-être physique an enger wirtschaftlecher Prosperitéit vun den Awunner vu Lëtzebuerg moosse sollen.

   Déi ekonomesch Indicateure sollen d'Objektiver vun engem responsable Wuesstum, deen et erlabe soll, de Liewensniveau zu Lëtzebuerg bäizebehalen, respektiv ze erhéijen, erëmginn.

   D'Indicateure vum ekologesche Pilier sollen e Bild gi vun de Konsequenze vun eise Produktiouns- a Konsommatiounsmethoden op déi natierlech Ressourcen, dat heescht, Loft, Waasser, de Buedem, d'Fauna an d'Flora.

Dëst soll eng éischt Lëscht vun Nohaltegskeetsindicateure sinn, déi dann awer lafend kann adaptéiert ginn.

3. Op Grond vun der Gesetzgebung, déi mer schonn hunn, wéi zum Beispill d'Gesetz iwwert d'Loftverschmotzung, d'Naturschutzgesetz, wat jo amgaang ass erneiert ze ginn, an ech denken, dass mer dat Enn dës Joers hei an der Chamber kënne stëmmen, d'Gesetz iwwert d'Gestioun an d'Protektioun vum Waasser, d'Offallwirtschaftsgesetz, d'Energiegesetz an d'Kommodosgesetz, misst um Niveau vun der Regierung versicht ginn, koordinéiert virzegoen a mat dëse Gesetzer de Gedanke vun der Nohaltegkeet an déi verschidde sektoriell Politiken erafléissen ze loossen.

An deem Sënn ass en interministerielle Grupp sécher déi richteg Instanz, fir sech dorëm ze bekëmmeren. Och dëst soll Deel vun dësem Projet de loi sinn.

Eng aner Iddi, déi am Nohaltegkeetsplang ageschriwwe war, war, en onofhängege Gremium anzesetzen, an deem Leit aus Industrie, de Gewerkschaften, den ONGen, de Ministèren an de Gemenge vertruede sinn. Dëse Gremium soll d'Politik vun der Nohaltegkeet begleeden.

De Statsminister huet sech dës Iddi seng eege gemaach an huet am Kader vun der Deklaratioun zur Lag vun der Natioun d'Schafe vun engem Conseil supérieur du Développement durable proposéiert, an deem de Conseil supérieur de l'Aménagement du Territoire soll integréiert ginn. Och dat, mengen ech, muss an dësem Projet de loi virgesi ginn, fir dass dat méiglech ass.

Och wann ze begréissen ass, dass den Développement durable eng horizontal Approche kritt, war d'Ëmweltkommissioun awer éischter der Meenung, dass dësen Débat soll ënnert der Leedung vum Ëmweltministère gefouert ginn. Dat eent schléisst dat anert net aus.

Mir kréien dacks de Reproche gemaach, dass mir erëm nei Gremien schafen amplaz ze handelen. Fir dëse Kriticken ze äntweren, an domat widderhuelen ech mech, dass d'Nohaltegkeet e relativ neie Begréff ass, deen zënter zéng Joer an de Käpp vun deenen, déi sech domat beschäftegen, wuel geeschtert, mä 90% vun de Leit wëssen nach net, wat d'Nohaltegkeet ass. Dofir steet nach vill Aarbecht virun eis.

Et wier net schlecht, wann och bestehend Gremien, wéi zum Beispill de Conseil économique et social, sech mat dësem Konzept géifen ufrënden a beschäftegen, an de Volet vun der Nohaltegkeet an hiren Diskussioune berücksichtegen.

D'Gemenge spillen natierlech eng ganz wichteg Roll an deem Sënn, dass si no beim Bierger sinn. Hei ass schonn eng Partie Aarbecht gemaach ginn. Den Naturschutzfong ass ëmgeännert ginn an erlaabt de Gemengen esou, wegweisend Aktiounen ze ënnerhuelen am Beräich vun den erneierbaren Energien an dem Naturschutz. D'Diskussiounen iwwert d'Kompetenzverdeelung tëschent dem Stat an de Gemengen dierften eis jo och nach méi Klorheet ginn.

Virun allem muss d'Perceptioun vun der Nohaltegkeet dobausse verbessert ginn. De Wonsch no Nohaltegkeet am Sënn vu Liewensqualitéit ass schonn do. D'Leit sinn ower net bereet, de Lien hirzestellen tëschent deem, wat se gären hätten an de Konsequenzen, déi se dann och mussen assuméieren. An deem Sënn ass nach vill Sensibiliséierungsaarbecht ze maachen. Dat kann een ënner anerem mat Pilotprojete maachen, fir de Leit ze weisen, dass et och aneschters geet, dass d'Nohaltegkeet net onbedéngt Abousse vun hirer Liewensqualitéit duerstellt, mä just de Contraire.

Just dofir muss den Débat gefouert ginn, fir dass d'Bierger sech mat de Widdersprëch ausenaner setzen, vun hire Wënsch no méi Wuelstand, no méi sozialer Ofsécherung, no méi Ëmwelt a méi Liewensqualitéit. Dës Kontradiktioune musse sech erausschielen, wann et drëm geet, dach awer hire „way of life" ze änneren, fir dass déi Liewensqualitéit, déi jiddereen anescht gesäit, kann oprechterhale ginn.

Wien aneschters soll dës Kontradiktiounen erausschiele wéi d'Ëmweltkommissioun, well ech d'Gefill net lass ginn, dass an deenen dräi Pilieren, vun deene mer ëmmer schwätzen, et dach awer d'Ëmwelt ass, déi de Kierzeren zitt.

Et ass absolut normal, dass de Wirtschafts- a Sozialsecteur hiert verteidegen, mä et geet jo drëm, déi dräi Pilieren op een Niveau ze setzen an esou e Konsens ze sichen am Intérêt vun der Nohaltegkeet.

Et ass dofir och normal, dass d'Ëmweltkommissioun sech Gedanke gemaach huet iwwert déi wesentlech Problemer, déi mir zu Lëtzebuerg hunn. Dat ass op där enger Säit de Problem vun der Mobilitéit, an op där anerer Säit de Problem vun der Flächeversiegelung op Grond vum Bauen, souwuel vum private wéi vum wirtschaftleche Bauen, an op Grond vum Stroossebau.

Dat sinn déi Problemer, déi och déi lescht Etüd SERI, déi mer kritt hunn, ervirgestrach huet. Et schéngt ze sinn, wéi wa mer do missten handelen, an déi Schwéierpunkten ënnerscheede sech u sech net vun deenen, déi et an anere Länner gëtt. An Däitschland ginn zum Beispill an hirer Nohaltegkeetsstrategie déiselwecht Sujete behandelt wéi Mobilitéit a Verkéier, nohalteg Siedlungsentwécklung, kombinéiert mat Energie- a Klimaschutz. Do kënnt dann nach d'Landwirtschaft, d'Ernährung an d'Gesondheet derbäi.

Ech mengen, et gehéiert zur Aufgab vun enger Ëmweltkommissioun, sech Gedanken ze maachen, ob mir wierklech och an deem Kontext d'Léisung vun eiser Verkéierssituatioun an engem kontinuierleche Stroossebau fanne kënnen.

D'Vergaangenheet huet bewisen, dass dat nach laang net ëmmer esou ass. Ech kënnt an den Detail goen an eng Partie Beispiller ginn. Dat géif awer ze wäit féieren an et géif de Risiko mat sech bréngen, dass mer herno eng Stroossebaudiskussioun hätten, wat jo net erwënscht wier.

Et läit der Ëmweltkommissioun selbstverständlech net no - mir op d'mannst net an nach villen aneren net - sech géint d'Contournementer auszeschwätzen, och wann dat esou grëffeg am Rapport formuléiert war, dass dat hätt kënnten esou sinn, wann déi Contournementer vun den Awunner gewënscht sinn a wann déi Stroossen hinne méi Liewensqualitéit bréngen. Hei si mer just an deem Szenario dran, dass d'Liewensqualitéit vun de Leit verbessert gëtt, mä da mussen déiselwecht Leit dann awer och a Kaf huelen, dass eng Partie vun hirem natierlechen Ëmfeld ronderëm si verluer geet. Dat ass e Choix, dee muss gemaach ginn.

A wa mir an der Ëmweltkommissioun vun neie Stroosse geschwat hunn, dann hu mir vun deene grousse Stroosse geschwat, an do hu mer effektiv d'Tangente ouest gemengt, awer net als Variant, wéi se am Regierungsrot vum 1. September 2000 décidéiert ginn ass, mä virun allem fäerte mer, dass aus der aktueller Westtangente eng Westvariant vun der Nordstrooss gëtt. Domat mengen ech, hu mer just preventiv geduecht, an et ass jo net, wéi wann nach ni een dorunner geduecht hätt.

Ech sinn och der Meenung, dass aner grouss Stroossen, déi solle gebaut ginn, wou awer nach keng Entscheedung driwwer geholl ass, zum Beispill déi Stroossen, déi iwwert den Territoire vun de Gemenge Kënzeg a Monnerech ginn, oder och déi drëtt Spuer, déi am Bléckwénkel vum integrative Verkéiers- a Landesplanungskonzept sollen ënnersicht ginn, well et soll ee sech dach awer net der Illusioun higinn, dass een an Zukunft all Verkéiersproblemer duerch de Stroossebau léise kann. Ech mengen, do stinn ech net eleng mat menger Meenung.

Och wat de Wunnengsbau ugeet, huet d'Ëmweltkommissioun eng Rei vu Reflexioune gemaach. Et kann net sinn, dass mer d'Kapazitéiten am Wunnengsbau, och wann dat néideg ass an net a Fro gestallt gëtt, verduebelen, ouni dass mer eis gläichzäiteg Gedanke maachen iwwert dat, wéi gebaut gëtt, wou gebaut gëtt, ob net soll anescht gebaut ginn, ob et net ubruecht ass, nei Isolatiounsnormen unzewenden, dass op d'mannst déi nei Haiser méi energiegerecht gebaut ginn. Ob mer net, wat d'Albauten ugeet, solle schnellstméiglech den Energiepass aféieren. Ech erënneren drun, dass mer bis 2020 am Nohaltegkeetsplang en Engagement geholl hunn, och wann deen net contraignant ass, d'Energie-Intensitéit ëm 30% erofzesetzen.

An och gehéiert et ganz sécher zu de Prerogativen, vun der Ëmweltkommissioun ze fuerderen, dass gläichzäiteg, wou Wunnenge gebaut ginn, och musse Kläranlage gebaut ginn. Ouni engem Reprochë wëllen ze maachen, si mer schonn 20 Joer hannendra mat dem Bau vu Kläranlagen.

Et kann een also soen, dass eng Partie vun de Problemer kënne geléist ginn, andeem dass Décisiounen op Grond vu Gesetzer geholl ginn, déi jo elo schonn hei bestinn. D'Problemer sinn awer net all ze léise mat deene Gesetzer, déi mer hunn. Si sinn och net alleguer mat Sensibiliséieren ze léisen. Si sinn och net alleguer mat Verbueter ze léisen, an dofir sinn ech der Meenung, an dofir hunn ech an deem Rapport och méi e groussen Deel dësem Thema zougemooss, dass d'wirtschaftlech Instrumenter musse genotzt ginn, fir d'Leit op de Wee vun der Nohaltegkeet ze kréien. Domat mengen ech zum Beispill, dass an Zukunft d'Aiden an d'Subsiden, déi un d'Betriber ausbezuelt ginn, méi geziilt sollen an deem Sënn ausbezuelt ginn, wann dës Betriber méi nohalteg schaffen.

Ech sinn och der Meenung, dass eis Fiskalitéit muss adaptéiert ginn, dass mer eis awer solle Gedanken iwwer e Steiersystem maachen, deen an Zukunft méi d'Kapital an de Loun entlaascht, a vläicht op e Wee ze goe vun engem Steiersystem, dee fir d'Ëmwelt op d'mannst Lenkungscharakter huet an deen e méi incitativen, awer och wann dat net gräift, e méi penalisante Charakter huet.

Da stellt sech natierlech d'Fro, ob eis Wieler dat akzeptéieren, wa mer esou e Wee wëlle goen. An deem Kontext erënneren ech un de Versuch vun der leschter Regierung, eng Taxe op Plastiksfläschen an den Ofwässer anzeféieren. Dëse Versuch ass kläglech gescheitert un der Fro vum Index an un de Gewerkschaften. Dofir géif et eis als Ëmweltkommissioun awer och interesséieren, wat d'Gewerkschaften zum Sujet vun der Nohaltegkeet soen.

(Interruption)

D'DP ass keng Gewerkschaft. Dat huet och näischt domat ze dinn. Dat huet domat ze dinn, dass mer an eisem Hearing allerhand Associatiounen invitéiert haten. Déi, déi net komm sinn, waren zum Beispill déi, déi d'Salariat vertrueden hunn, obscho se invitéiert waren; déi wollte sech nëmme mat lech iwwert dee Sujet hei ënnerhalen. Dobäi kréie se jo dann d'Geleeënheet, fir um Niveau vum Conseil supérieur du développement dat elo ze maachen.

Et schéngt awer kloer ze sinn, datt d'Leit op d'mannst an den Ëmweltfroe méi Ëmweltschutz wëllen. Si bréngen et ebe just net fäerdeg, dës Reflexioun an hir Gedanken esou mat anzebannen, dass se bei sech selwer ufänken. Kann een dann de Wonsch no méi Ëmweltschutz oder méi Ecologie esou interpretéieren, dass eis Wieler vun eis Responsabilitéit an Décisioune verlaangen, déi si dann akzeptéieren. Dat ass d'Fro.

Sollt dat de Fall sinn, da misste mer a sech aktiv iwwergoen zu méi Handelen. Ass dat net de Fall, da musse mer hinne permanent de Spigel virun d'An hale virun deem, wat se wëllen, an och virun deem awer, wat se net wëllen. Ech mengen, et ass déi Diskussioun, déi mer mat deene sëllege Biergerinitiative musse féieren, déi virun allem eppes gemeinsam hunn, datt se alleguer géint eppes sinn.

An deem Sënn kann een nëmmen en Appel un eis Bierger maachen, emol vläicht u Biergerinitiativen ze denken, déi fir eppes sinn. Ech kéint mer zum Beispill virstellen, datt op der Musel d'Leit sech eens wieren, eng Biergerinitiativ ze maachen, fir dann endlech dach awer eng Kläranlag do ze kréien, och wann déi scho relativ laang an der Planung ass. Ech kéint mer zum Beispill virstellen, dass de President vun de Sportfëscher President vun där Biergerinitiativ kéint ginn.

(Brouhaha général)

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här Calmes, ënnert de Biergerinitiative sinn awer ëmmer positiv Wäerter.

M. Emile Calmes *(DP), rapporteur*.- Richteg.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Ech mengen, fir Liewensqualitéit zum Beispill.

M. Emile Calmes *(DP), rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mar wäert Lëtzebuerg anescht ausgesinn, wéi dat haut de Fall ass.

Do ginn eis eng Partie Erausfuerderunge gestallt. Erausfuerderungen, déi drop erauslafen, datt mer déi wirtschaftlech, sozial an ekologesch Exigenzen op ee gemeinsamen Nenner musse brénge kënnen. Dëst fundamental Objektiv vun der Nohaltegkeet misst eis dann erlaben, déi Liewensqualitéit, déi mer haut hunn, ze halen, respektiv ze verbesseren.

Schwätze mir vu Liewensqualitéit, da ginn et zwou Zorte vu Liewensqualitéit. Et gëtt eng materiell an awer och eng immateriell Liewensqualitéit. Déi éischt ass relativ einfach ze verstoen, a virun allem einfach ze rechnen. Vill Bierger mengen zum Beispill, e schéinen Auto ze hunn, wier e wichtegen Deel vun hirer Liewensqualitéit. Esou en Auto huet eng Valeur, a jiddfereen, sengem Gehalt no, ka sech dann eng Partie vun dëser materieller Liewensqualitéit kafen. Déi zweet Form vu Liewensqualitéit ass déi immateriell. Déi ass vill méi schwéier ze verstoen, virun allem awer ganz schwéier a Geldtermen ze moossen. Wat kascht ee Liter propper Loft oder wat kascht een Hektoliter Waasser, wann en net polluéiert ass? Dat ass schwéier ze rechnen.

Da kann ee sech virstellen, datt déi natierlech Elementer wéi d'Waasser an d'Loft net am Sënn vun engem wirtschaftleche Gut considéréiert ginn. Dëst bréngt et da mat sech, dass si net en Deel vun der Berechnung sinn, weder um finanziellen Niveau nach um geeschtegen Niveau bei de Leit. Et keeft ee sech léiwer e groussen Auto, well dee schéin, confortabel, séier a sécher ass, mä et keeft ee sech net onbedéngt een Auto, dee sech ganz recycléiere léisst, dee manner polluant ass, dee manner Sprit brauch oder well en duerch säi Verkaf Aarbechtsplaze garantéiert. D'Konzeptioun vun der nohalteger Entwécklung verlaangt awer dës Iwwerleeung. Hei geet et da ganz kloer, datt de Wirtschaftsmënsch, deen et haut gëtt, den Homo economicus, net fäeg ass, eng korrekt Äntwert op Froen ze ginn, well hien dës immateriell Gidder net als solch unerkennt.

D'nohalteg Entwécklung geet awer just domadder un, wéi d'Leit iwwerleeën, wéi se denken, duerfir musse mir eis Matbierger dozou bréngen, op déi Manéier nozedenken, iert mer vun hinne kënnen ee Mentalitéitswiessel erwaarden. Et ass eis verdammte Flicht, eis Schëllegkeet, ze iwwerzeegen, ze weisen, verstoen ze dinn, d'Äntwert ze ginn op d'Froen, déi sech d'Leit stellen. D'Leit – dat hunn ech uganks gesot – sinn amgaang ze verstoen, fäerten, dass et esou net ka weidergoen, mä bis dass et awer zu engem Mentalitéitswiessel kënnt, ass et nach, mengen ech, e wäite Wee. Et ass awer just dëse Mentalitéitswiessel, deen noutwendeg ass, fir eng nohalteg Entwécklung ze garantéieren. Duerfir muss d'Politik hir Usprëch vun enger nohalteger Entwécklung geltend maachen, vun engem kontrolléierte Wuesstum an deem Sënn, datt eng Pondératioun zwëschent Wirtschaft-, Sozialpolitik an Ekologie garantéiert ass.

Mir als Politiker mussen duerfir permanent d'Argumenter liwweren, fir dass dëse Mentalitéitswiessel, dee vu ganz ville Leit sollicitéiert gëtt, komme kann. Et ass un der Politik, mat de Bierger zesummen dobaussen déi Äntwerten ze fannen, déi sech déi berechtegt Froe stellen. De Wirtschaftsmënsch, dee mir sinn, muss der Konzeptioun vum Virsiichtsmënsch, dem Homo prudens, wäichen, esou dass et méiglech ka ginn, eng héich materiell an immateriell Liewensqualitéit ze garantéieren. Dës Liewensqualitéit muss fir eis alleguer den Objektiv sinn, an d'nohalteg Entwécklung ass d'Method, mat där mir sollen dohinner kommen.

Och, wa mir eis als Ëmweltkommissioun bewosst sinn, datt all Acteuren, de Wirtschaftsacteur, de Sozialacteur an den Ëmweltacteur, natierlech Intérêten ze verteidegen hunn, ass et nëmmen am Respekt an am Bewosstsäin vun allen Acteure vun de Problemer an de verschiddene Secteuren, wou mer kënne virukommen an dat a Richtung vun enger méi nohalteger Entwécklung. Merci.

M. le Président.- Merci, Här Calmes. Den éischten Diskussiounsriedner ass den Här Marco Schank. Här Schank, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marco Schank *(CSV)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, haut wäerte sécher eng Partie

schéin a statstragend Wierder iwwert déi nohalteg Entwécklung falen. Ech wäert mech deem uschléissen am Numm vu menger Fraktioun selbstverständlech, ech wollt awer am Ufank...

(Interruption)

...dat kënnt och nach Här Garcia – vu menger Interventioun e puer Saache soen, déi mir ganz wichteg schéngen.

Perséinlech sinn ech der Iwwerzeegung, datt mir et musse fäerdeg bréngen, an Zukunft vläicht, emol anescht wéi an der Vergaangenheet, un d'Zukunftsdéfie vun eisem Land erunzegoen. Et ass schonn ugeklong beim Rapporteur: Mir musse probéieren, dee Gruef zwëschent d'Theorie a Praxis méi kleng ze kréien; mir mussen et virun allem fäerdeg bréngen, déi Défie vun der Nohaltegkeet an d'Praxis ëmzesetzen.

Erlaabt mer just zwee Beispiller. Mir sinn eis eens, an d'Indicateure fir eng nohalteg Entwécklung vum Ëmweltministère weisen dat kloer, grad wéi d'SERI-Etüd, datt, wann de Verkéier zu Lëtzebuerg weider an deem Mooss zouhëlt, datt mer eis CO_2-Emissiounen net an de Grëff kréien an d'Zersiedlung vun eiser Landwirtschaft onerträglech Ausmoossen unhëlt. Dat ass, wou mer eis eens sinn. Da gesi mer eis awer och, ënnert engem vermeintlechen Zwang, datt awer nach nei Stroosse missten dobäikommen. Leit, déi mengen a soen: „Mir missten ëmdenken", kréien deelweis un de Kapp gehäit dat wier irreell.

Dat sinn also dacks zwou Sproochen, déi mer als Politiker schwätzen, an déi – an dat sief erlaabt ze soen – kënne mer net éiweg féieren, wa mer net wëllen, datt d'Leit de Glawen an eis, respektiv an d'Politik, verléieren. Erlaabt mer en zweet Beispill: d'Matsprooch vum Bierger ass am Prinzip erwënscht. Ech mengen, bal all Partei, ob Majoritéit oder Oppositioun, hänkt dat op hire Fändel. Et muss a mengen A méiglech sinn, datt Meenungen, déi net vun der Politik als Institutioun kommen, gehéiert ginn an net marginaliséiert ginn.

Net eleng d'Politik huet d'Äntwert op all Froen. D'Vergaangenheet huet gewisen, datt mer zu Lëtzebuerg net esou schlecht gefuer si mat deem System, datt d'Zesummespill tëschent der Politik an de Leit, mat Leit, déi sech op anere Pläng engagéieren, eng Beräicherung fir eist Land ass. Ech gi just d'Beispill vun der Atomzentral, wou mer, mengen ech, haut Problemer hätten, net wéissten, wat mer mam Atommüll géife maachen, wa mer déi Zentral deemools kritt hätten.

Mir mussen eis opmaachen, well genau do läit, a mengen An, den Défi vun enger nohalteger Entwécklung: d'Bedeelegung, ma éierlech. Demokratie muss heeschen net nëmmen d'Anhale vu gesetzleche Prozeduren, mä och d'Notze vu ville Meenungen a Stréimungen an engem politesche Prozess vu Leit dobaussen, och wann et heiansdo – an dat sief éierlech zouginn – net esou einfach ass. Et muss beispillsweis méiglech sinn ze wëssen, datt engersäits d'Nischepolitik e wesentleche Bestanddeel vum Budget ass, an awer dierfen ze hannerfroen, wéi eis Zukunft soll ausgesinn. An et muss méiglech sinn, an dat an aller Offenheet ze hannerfroen, wéi d'Transportpolitik vu mar soll ausgesinn ouni Schwaarz-wäiss-Molerei an deem Kontext.

Nohaltegkeet heescht a mengen An e Paradigme-Wiessel: aner Wäerter, wéi materielle Wuesstum, kommen eventuell dobäi, Léisunge fir Problemer aus de leschte Jorzéngte musse kënnen a Fro gestallt ginn. Sécher, dat ass net einfach, sech heiansdo fir den öffentlechen Transport ze décidéieren, wa vläicht eng nei Strooss d'Léisung wier no alen Denkschemen. Dat setzt eben en anert Denke viraus, vläicht och eng Kéier ze erklären, datt de Bensin muss méi deier ginn, wa mer iergendwa gerecht Präisser wëllen. A vläicht ass et grad dat, wat vun eis Politiker erwaart gëtt, d'Défie vun der Zukunft éierlech unhuelen an dann derhannert stoen.

Här President, wann ech meng Kolleeginnen a Kolleegen heibannen haut géif froen, wat de Begrëff Nohaltegkeet fir si bedeit, da géife wahrscheinlech och an dësem Haus eng Rei verschidden Definitiounen erauskommen. Ech mengen, et gëtt kaum e Begrëff - dat ass gesot gi vum Rapporteur -, deen esou oft instrumentaliséiert, esou oft zitéiert gouf an deene leschte Joren, mëssbraucht ginn ass, iwwerstrapazéiert gouf, wéi eben de Begrëff Nohaltegkeet/Développement durable. Ganz dacks gëtt villes an näischt an dee Begrëff eragepaakt. Ee Begrëff, deen natierlech extrem dehnbar ass, wann en net definéiert gëtt an ebe bewosst emol iwwerdehnt gëtt.

A genee duerfir ass et esou wichteg, datt dëse Begrëff e feste Fong kritt, en inhaltleche Fong, deen op wëssenschaftleche Critèrë baséiert, eben op deenen Indicateuren, déi ech vun dëser Plaz aus des Öfteren revendiquéiert hunn an déi virun dräi Woche vun der Regierung presentéiert goufen. Ech kommen nach drop zréck.

Méi richteg ass iwwerdeems, fir vun enger Strategie fir eng nohalteg Entwécklung ze schwätzen. Genee duerfir brauch een eng strukturéiert Démarche, déi sech op d'Indicateure baséiert, also eng wëssenschaftlech Grondlag, déi et erlaabt, d'Entwécklung ëmmer erëm ze iwwerpréifen an nozevollzéien, an déi erlaabt, datt mer alleguer vun deemselwechte schwätzen.

Ech géif emol vereinfacht dräi grouss Ziler vun der Nohaltegkeetsstrategie definéieren:

1. eng équilibréiert Balance tëschent de Bedürfnisser vun der heiteger Generatioun an eben de Liewensperspektive vun deene Generatiounen, déi no eis kommen, mat dem – dat ass vläicht dat Wichtegst – spuersamen Ëmgang vun eise Ressourcen;

2. alles dat, wat mat enger gudder Liewensqualitéit zesummenhänkt. Dozou gehéiert eng intakt Ëmwelt, eng breet kulturell Offer, gutt Schoulen, ordentlech Aarbechtsplazen an eng konsumentenorientéiert Landwirtschaft;
3. sozial a gesellschaftlech Solidaritéit, d'Bekämpfung vun der Aarmut. Virun allem déi international Verantwortung, Solidaritéit mat de Länner an der drëtter Welt an der Entwécklung.

D'Ziler an déi Objektiver, déi ech genannt hunn, mussen an allen – dat ass virdru scho gesot ginn – Politiques sectorielles hiren Nidderschlag fannen: an der Transportpolitik oder an der Landesplanung, an der Diskussioun vun de 700.000 oder am Beräich vun der Kooperatioun muss d'nohalteg Entwécklung d'Leitkonzept vun der zukünfteger Entwécklung vun eisem Land duerstellen.

Mir brauchen also net zulescht an der Politik, dat heescht och bei de Politiker, an de Ministèren, an de Verwaltungen, e Mentalitéitswandel dahingehend, datt zukünfteg ganz konsequent déi verschidde Politikfelder zesummenhängend oder vernetzt gekuckt an och traitéiert ginn. Ech hoffen, datt d'Debatt vun haut e weidere Mosaiksteen am Prozess, dee jo déi national Entwécklung ass, duerstellt.

De Räichtum vun engem Land léisst sech definitiv net méi op déi wirtschaftlech Performancen an d'Consommatioun reduzéieren. Et geet hei ëm Froestellungen an Investitiounen, déi méi laangfristeg mussen ausgeriicht sinn an déi sech op d'Edukatioun, op d'Fuerschung, op eise Gesondheetssystem, op d'Erhale vun eisen Oekosystemer bezéie muss. Am Rapport geet vun engem Modèle d'éco-développement Rieds, dee gläichzäiteg Aarbechtsplaze schaaft, respektiv séchert, an eis Ressourcë schount.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir eng erfollegräich Nohaltegkeetsstrategie brauche mer souwuel de politesche Konsens an awer och de soziale Konsens. Dat Éischt setzt viraus, datt tëschent de Parteien e gewësse Grad vun engem Mindestkonsens besteet. Zumindest prinzipiell si mer all gewëllt, d'Zukunft vun eisem Land, mengen ech, méi nohalteg ze gestalten.

Duerfir eegent sech d'Thema Nohaltegkeet denkbar schlecht fir parteipolitesch Polemik jedweder Couleur. Déi lescht zwou, dräi Wochen ass geschwat ginn: Zukunftsdësch oder net Konvent; al oder nei Stroossebauprojeten. Bis zur SERI-Etüd ass alles genotzt ginn, fir parteipolitesch Kapital op Käschte vun enger, mengen ech, eminent wichteger Debatt ze schloen. Vläicht war et awer och gutt, dass eppes iwwert d'Mobilitéit eraus diskutéiert gouf...

(Interruption)

Ech sinn derbäi. Vläicht war et och néideg, datt déi Diskussioun komm ass, fir dass awer och e Mënsch Notiz vun eiser Debatt haut hëlt.

Une voix.- Voilà.

M. Marco Schank *(CSV)*.- Ech hat e bëssen Angscht, datt ausser e puer Rufer an der Wüst kee sech méi esou richteg fir deen Débat haut interesséiert hätt.

Näischtdestotrotz, och wa vun den Leit dobaussen am Kader vun engem Mikro-trottoir gesot ginn ass, wéineg bis guer näischt mat dem Begrëff Nohaltegkeet kënnen unzefänken, weisen dach Ëmfroen, datt de Sujet vun der Nohaltegkeet a vun der Ëmweltpolitik generell eise Bierger am Land uewe läit, och wann d'Leit de Begrëff Nohaltegkeet net kennen. Mä si stinn awer zum Konzept. Dat hunn Ëmfroen um Niveau vun der EU an och hei am Land bewisen, datt d'Leit vun hirer grondsätzlecher Approche hier hannert där Iddi stinn. 91% vun de Leit soe beispillsweis, datt et solle gläich Chancë fir all Generatioune ginn, datt mer d'Ëmwelt net sollen op d'Käschte vun den zukünftege Generatioune belaaschten.

Ech weess och, datt tëschent deem, wat de Mënsch fir gutt fënnt a wat e praktesch eventuell bereet ass ze maachen, eng Diskrepanz besteet, mä et ass awer wichteg, datt eng grondsätzlech Akzeptanz vun de Leit do ass, fir Moossname fir eng nohalteg Entwécklung ze ergräifen, an dat solle mer och notzen.

88% soen, datt gläich Rechter fir all Leit op der Welt solle bestoen, datt mer sollen e fairen Handel mat de sou genannten Entwécklungslänner féieren. Gläichzäiteg gëtt awer och erkannt, datt d'Technik eleng net duergeet, fir dës Ziler ze erreechen.

72% soen, datt et Grenze vu wirtschaftlechem Wuesstum ginn, déi an eise westleche Länner schonn iwwerschratt wieren.

Erlaabt mer, nach Folgendes ze soen: Mir mussen och Suen asetze fir d'Iddi vun enger nohalteger Entwécklung, fir eis all méi grëffeg, méi novollzéibar ze maachen. Fir den Auto ginn all Joer Milliounen an d'Reklamm gestach. Dat kann ee jo och guttheeschen, mä mir brauche genau esou vill Suen, fir fir den öffentlechen Transport Reklamm ze maachen.

Mir brauche Suen, fir a ganz konkrete Projeten opzeweisen, wéi nohalteg Entwécklung konkret kann ausgesinn. Beispill Réidener Kanton, wou mat engem Energieberoder de Leit ganz praktesch a konkret Energiespuermoossnamen gewise ginn.

De politesche Konsens, vun deem ech geschwat hunn, ass eng Saach, mä grad esou wichteg ass awer och de soziale Konsens. Fir dëse Konsens ze erreechen, muss een engersäits d'Zivilgesellschaft um Débat an um Prozess participéieren, an anerersäits mat Hëllef vu vulgariséierte Leitlinnen de Leit verständlech maachen, ëm wat datt et schlussendlech geet. Ech kommen nach dorobber zréck.

Wichteg ass definitiv, datt mer net bei der politescher Floskel, wéi de Mouvement écologique et nennt, stoe bleiwen. De Plan national pour un développement durable vun e bësse méi wéi 230 Säiten an och de Rapport vun der Ëmweltkommissioun mat nach eng Kéier der Halschent vun de Säiten, däerfen net nëmme geschwäerzte Pabeier bleiwen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat mer brauchen ass, wéi gesot, eng global Strategie, fir d'Entwécklung vun eisem Land ze steieren, eng Strategie, déi als roude Fuedem muss gëllen, fir d'Politik an deenen eenzelne Beräicher, déi mer an de kommende Jore wëllen, ëmzesetzen.

Mir brauchen e Konzept, dat op engem wëssenschaftleche Fundament baséiert, an dat sech ewech beweegt vu vereelsten, tradéierte sektorielle Politikiwwerleeungen. Dozou vläicht dräi Punkten:

1. D'nohalteg Entwécklung brauch e Fahrplan, well mer eis musse gewëssen „deadlines" setzen, déi eis et erlaben, d'Politik, déi mer ageschloen hunn, och à moyen terme ze bewäerten. Dat setzt also och am Ufank viraus, datt mer den Istzoustand méi genee kucken.

   Eng Bestandopnahm also, déi déi verschidde potentiell Szenarië vun der demographescher an ekonomescher Entwécklung erfaasst. Also en Inventaire vun den Initiativen an Aktiounen am Land, an de Gemengen, deen eis en Aperçu gëtt iwwert dat, wat eis un Instrumenter op lokalem an nationalem Plang zur Verfügung steet. Ausgehend vun där objektiver Grondlag muss d'Politik sech eens sinn iwwert déi ugestrieften Orientéierung.

2. Net fir d'lescht sinn de Plan national pour un développement durable an de Rapport vun der Ëmweltkommissioun d'Basis vun där heiteger Debatt. Dobäi kommen dann déi rezent publizéiert 26 Indicateure vum Ëmweltministère an d'Etüd SERI, déi och vum Ministère an Optrag gi war. Eist Land geet domat op e Wee, dee scho säit längerem och an anere Länner ageschloe gouf, beispillsweis an Däitschland mam DUX oder d'Key indicators a Groussbritannien.

Mir mussen dofir Suerg droen, datt dës nei Leitlinnen eescht geholl ginn a sech och an der politescher Praxis duerchsetzen. Dës 26 Indicateure sinn a mengen Aen en elementare Bestanddeel vun engem Management-Konzept fir d'Ëmsetzung an d'Weiderentwécklung vun enger Nohaltegkeetsstrategie.

D'Indicateure mussen och als Orientéierungswäerter d'Richtung weisen, an déi d'Entwécklung an deenen nächste Jorzéngte goe soll, an – dat ass grad esou wichteg – si si gläichzäiteg eng Erfollegskontroll.

Vu que datt sech d'Nohaltegkeet op verschidde Politikberäicher applizéiert, schénge mer déi 26 Indicateure sozialer, ekonomescher an ekologescher Natur absolut sënnvoll. De Ministère schwätzt bewosst vun enger Liste ouverte an domat ass natierlech och eng Adaptatioun zougelooss.

Et ass op alle Fall an den Ae vun der CSV-Fraktioun eng ganz begréissenswäert Démarche, wou mer elo mussen ofwaarden, ob heimat d'Miessbarkeet vun nohalteger Politik och garantéiert gëtt.

Am Rapport vun der Ëmweltkommissioun steet mat Recht, datt et kee Konsens gëtt, wéi eng nohalteg Entwécklung definitiv ausgesi soll. Mir mussen awer déi Ziler, déi mer eis am Plang fir eng nohalteg Entwécklung ginn hunn, ee fir allemol als Parteien an och als Chamber festhalen an dann och definitiv festhalen, wat déi wesentlech Indicateure sinn a wéi déi Indicateuren à jour gehale ginn.

Hei si mer op engem Punkt, dee ganz besonnesch Bedeitung huet an ouni dee mer an der öffentlecher Diskussioun net wäerte virukommen.

Ech hunn am Ufank vu menger Interventioun gesot, datt et wichteg ass, d'Leit dobausse mat dem Begrëff Nohaltegkeet vertraut ze maachen. Mir hu festgestallt, datt d'Leit net immens vill domat ufänke kënnen. Wann dat esou bleift, kënne mer heibannen an och dobaussen esou vill Débate féieren, wéi mer wëlle, mä da gëtt et ganz schwiereg. D'Leit musse kënnen novollzéien, wat dat Ganzt soll a puncto Nohaltegkeet.

Nohalteg Politik brauch, wann ee sech an der Dagespolitik wëllt Gehéier verschafen, eng grëffeg, allgemeng verständlech Gréisst, eosu eng Aart vulgariséierten Indicateur. Dat wëll ech ganz däitlech dem zoustännege Minister, respektiv och dem Statssekretär soen.

Esou en Index wier eng Aart Géigegewiicht zu deenen allgemeng akzeptéierte Kenngréisste vun der ekonomescher a sozialer Entwécklung, wéi mer se kennen, zum Beispill de Bruttosozialprodukt. Do gëtt regelméisseg gesot, wéi e wiisst an da weess een aus där Optik eraus, wou mer grad stinn. Den Index an der nohalteger Entwécklung kann an e puer Joer grad esou eng Selbstverständlechkeet ginn an zu Diskussiounen Ulass ginn, wéi de Wuesstum an der Ekonomie. Ech hu schonn déi eng oder aner Kéier op dëser Plaz fir esou e Lëtzebuerger Ëmweltindex plädéiert.

Esou en Index soll net den Index vun der Ëmwelt zu Lëtzebuerg beschreiwen, mä op eng ganz kloer Manéier fir all Mënsch verständlech illustréieren, awéiwäit ëmweltpolitesch Ziler erreecht si ginn.

Nëmmen esou ass a mengen Aen d'Bereetschaft vun de Leit dobaussen ze erreechen, déi mer brauchen, fir an enger nohalteger Entwécklung konkret virunzekommen, an nëmmen esou kënne mir deen esou wichtege soziale Konsens erreechen, dee mir brauchen, fir an där Politik Erfolleg ze hunn.

Fir et nach eng Kéier ze soen: Esou en Index ass kee wëssenschaftleche Modell, mä hie soll eng komplex Matière einfach no bausse veranschaulechen. Also en Instrument, mat deem d'Entwécklung an der Ëmweltpolitik knapp, a virun allem verständlech an der Öffentlechkeet kann duergestallt ginn.

3. Mir brauchen effikass a vernetzte Strukturen an Instrumenter. Dat geet och aus dem Rapport däitlech eraus. De Rapport hieft dann och an deem Kontext déi zentral Roll vun enger Task Force ervir, awer och vun enger Commission interdépartementale, déi zesummegesat ass aus Vertrieder vu verschiddene Ministèren, déi hir Aktiounspläng ausschaffen, andeems se eng horizontal, a virun allem och eng plurisektoriell Approche am A behalen.

A senger Deklaratioun zur Lag vun der Natioun de 7. Mee dëst Joer huet eise Premier d'Kreatioun vun engem Conseil supérieur du Développement durable proposéiert. Meng Fraktioun begréisst dëse Virschlag ëmsou méi, wann d'Viraussetzunge geschaaft ginn, fir déi Institutioune mat den néidege Missiounen an Ziler a selbstverständlech och mat deem néidege Personal an deenen néidege Suen ze équipéieren.

Am Mäerz vun dësem Joer huet dann och ënnert der Federführung vum Innenminister Michel Wolter d'Regierung d'IVL-Konzept presentéiert, wat sech als eng begréissenswäert, vernetzten Approche versteet a wou mer mengen, datt dat e gangbare Wee ass, fir an Zukunft virzegoen.

Meng Fraktioun wëllt nach wie vor iwwert den einfachen Dialog mat der Zivilgesellschaft erausgoen, fir e breeden Débat ze féieren, zum Beispill a Form vun engem Zukunftsdësch oder Konvent. Et gëtt vill Méiglechkeeten, fir e Kader ze schafen, fir d'ONGen an aner Membere vun der Zivilgesellschaft un den Diskussioune fir eng Nohaltegkeetsstrategie ze participéieren.

Eng global Strategie kann eiser Meenung no nëmmen op engem ausféierlechen Dialog mat allen Acteure baséieren. Soss verléiert de Begréff „global" och u Substanz. Am Virfeld vun dësem Nohaltegkeetsrapport, dee mer haut an der Chamber debattéieren, sinn eng ganz Rei vun Hearingen organiséiert ginn. Ënner anerem mat net manner wéi aacht Ministèren, de Beruffschamberen, den ONGe wéi de Mouvement écologique, d'Natur- a Vulleschutzliga, Greenpeace an ASTI.

Hei konnten dann och d'Interlocuteuren aus der Zivilgesellschaft, wéi zum Beispill d'ONGen, hir Visiounen duerleeën an och hir Weeër fir d'Zukunft proposéieren. Op Basis vun dësen Iddien a Meenunge muss e Konsens entstoen, deen an eng global Strategie afléisst.

De Mouvement schwätzt an deem Kontext och vun engem Dialog tëschent de sozialen, ekologeschen an ekonomesche Kreesser an eisem Land, an och dat schéngt mer an deem Kontext besonnesch wichteg, tëschent dem Norden an dem Süde vun eisem Land.

Et gi jo ganz verschidde Weeër, fir direkt mat de Leit ze schwätzen. Firwat net an déi eenzel Regioune goen – well all Regioun steet dach viru besonneschen Erausfuerderungen –, an da konkret mat de Leit iwwert d'Virstellunge vun der Entwécklung an hirer Regioun schwätzen?

Ech wëll och do e Wuert zum Norde soen. Och am Norden ass eng grouss Zuel vu Potentialer, déi an d'Iwwerleeunge vu muer mussen integréiert ginn. All Regioun kann natierlech vun där anerer hei am Land léieren. Ech denke beispillsweis un d'Frichen am Süden an un d'Frichen am Norden, Wolz a Veianen. Ech si sécher, datt do och Parallelle kënne fonnt ginn, mat enger zentraler Froestellung: Wéi kënnen dann Terrainen, déi fréier eng industriell Vokatioun haten, op eng nohalteg Aart a Weis rekonvertéiert ginn?

Här President, et geet aus enger rezenter Etüd vun der ILReS ervir, datt d'Leit dobaussen den Ëmweltschutz als en ëmmer méi wichtege Sujet fir d'Zukunft ëmfannen. A grad dowéinst, mengen ech, däerf ee sech net erlaben, d'Zivilgesellschaft auszeblenden. Den Débat iwwert d'Nohaltegkeet dierf also och net ausschliesslech zu engem wëssenschaftleche Forum verkommen, soss entsteet kee Konsens mam Bierger.

Hale mer also an der éischter Phas fest: Mir brauchen e globaalt Konzept, dat no Kritäre vun der Nohaltegkeet muss ausgeluegt sinn, wou déi sozial, ekonomesch an ekologesch Acteuren, mat Hëllef vun den Indicateuren, mussen agebonne ginn. E Konzept awer, wat nëmme wäert räsonnabel sinn, wa sech all d'Acteure vu vereelstem Standesdenke léisen. Doriwwer eraus muss d'Zivilgesellschaft sech aktiv um Ausschaffe vun där nohalteger Politik bedeelegen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt vun dëser Plaz aus dem Emile Calmes e grousse Merci ausschwätze fir déi gutt Aarbecht, déi e fir dëse Rapport geleescht huet. Et steet ausser Zweifel, datt de Rapporteur eng ganz Rei vu gudden Ustéiss am Rapport gëtt, mat der Hëllef vun de Fraktiounen an de Kommissiounen, ob déi ech nach wëllt vereenzelt kuerz agoen.

E wichtege Punkt, deen am Rapport virkënnt, ass dee vun de Gemengen, deen ech wollt ervirsträichen, an d'Potentialer, déi op lokalem Plang kënne fräigesat ginn, an déi och am Rapport zum Droe kommen, ass d'Kapitel 28 aus der Aktioun 21 vun de Vereenten Natiounen, wou virun allem d'Roll vun de lokalen, deemno och vun de kommunale Kollektivitéiten, ervirgestrach gëtt.

„Les problèmes abordés dans l'Action 21 sont si nombreux que la participation et la coopération des collectivités à ce niveau seront un facteur déterminant pour atteindre les objectifs du programme.

En effet, ce sont les collectivités locales qui construisent, exploitent et entretiennent les infrastructures économiques, sociales et écologiques, qui surveillent les processus de planification, qui fixent les orientations et la réglementation locales en matière d'environnement, et qui apportent leur concours à l'application des politiques de l'environnement adoptées à l'échelon national ou infranational".

Weider gëtt zu Recht an deem Artikel argumentéiert, datt d'Gemengen als Administratioun jo am nooste bei der Bevölkerung sinn, an doduerch eng wesentlech Roll spillen, fir d'Leit en vue vun enger nohalteger Entwécklung ze sensibiliséieren.

Wou soss ka sech d'Nohaltegkeet besser ëmsetze loosse wéi an eise Gemengen? Wou soss hu mer eng besser Visibilitéit vun de Fortschrëtter, déi mer an dësem Beräich gemaach hunn?

D'Gemengen an och d'Gemengesyndikater sinn no bei de Biergerinnen a Bierger. Si hunn domat eng ganz wichteg Virreiderfonctioun a kënne pionnéierhaft schaffen.

D'Beispill vun de Klimabündnis-Gemengen ënnert dem Motto „global denken, lokal handelen" seet alles iwwert d'Méiglechkeeten, fir dem Bierger d'Versteesdemes fir Nohaltegkeetsstrategië méi no ze bréngen.

D'Klimabündnis ass eng Bottom-up-Initiativ, déi méi wäit geet wéi de Kyoto-Accord a wou sech verflicht ginn ass, fir d'Reduktioun vun CO_2-Emissioune bis d'Joer 2010 ëm 50% ze erreechen an, an dat ass ee ganz wichtege Volet, d'Ënnerstëtzung vun der Bevölkerung vun den Entwécklungslänner.

Och de SYVICOL huet seng Responsabilitéit iwwerholl an huet d'Gemengen incitéiert, fir iwwert de Wee vun der Lokalagenda 21 Aktiounspläng opzestellen. Ech muss soen, dass och fir eis d'Kommunaliséierung vum Natur- an Ëmweltschutz e ganz wichtege Punkt ass, a mir wäerte ganz sécher am Hierscht am Kader vum Débat iwwert d'Kompetenze Stat-Gemengen dorop zréckkommen.

Da soll och driwwer nogeduecht ginn, fir d'Beméiunge vun de Gemengen op déi eng oder aner Weis verstäerkt ze ënnerstëtzen. De Rapport zitéiert an dësem Kontext d'Beispill vun der Kofinanzéierung vu Pilotprojete fir erneierbar Energien an de Gemengen.

Staark Gemenge setze viraus, dass mer a Leit investéieren. A Leit investéieren heescht, a mengen Aen, och driwwer schwätzen, dass sech d'Gemenge vun haut net méi mat e puer Stonne Fräistellung kënne féiere loossen. Ech sinn der Meenung, dass mir do mussen iwwer méi Congé politique nodenken. Och dat ass eng Viraussetzung, fir déi nohalteg Entwécklung an de Gemengen ze verbesseren an eventuell och emol eréischt eng ze erméiglechen.

Ech wollt nach, Här President, op verschidde Secteuren agoen, déi et an Zukunft gëllt, systematesch ze vernetzen.

Ee ganz wichtege Volet, deen och am Rapport zum Droe kënnt, ass de Volet Mobilitéit, wou mer alldeeglech mat de wuessende Problemer konfrontéiert ginn. Den IVL, deen ech schonn erwähnt hunn, esou wéi d'Strategie vu mobilitéit.lu kënne selbstverständlech eng reell Chance bedeiten, fir d'Gewunnechte vun de Leit a Saache Fortbewegung ze änneren.

Fir d'alleréischt brauche mer hei eng integréiert Politik Aménagement du territoire an Transport. Ee vun den Instrumenter aus dem Plan national pour un développement durable ass natierlech de Plan sectoriel, deen deenen territorialen Aspekter Rechnung dréit.

Dëse Plan sectoriel muss d'Espacen définéieren, wou a wouhinner een den öffentlechen Transport verbessert. Dat heescht, den zukünftegen Ausbau vun Dierfer a Stied muss de Méiglechkeete vum öffentlechen Transport entspriechen.

Datselwecht gëllt fir d'Valoriséierung vum Stroossennetz, wat och a Funktioun vun de Kritäre vum Aménagement du territoire an der Ëmwelt muss geschéien.

An da wëll ech och op déi Opreegung agoen, déi entstanen ass am Kontext vun der Meenung vun der Kommissioun, et sollt een d'Resultater an d'Aboutissementer vum IVL, respektiv dem Programm mobilitéit.lu ofwaarden.

De Ressort vun der Landesplanung gëtt deemnächst mat dem Projet vun der Tangente Ouest vun den Travaux publics befaasst en vue vun enger Etude d'impact, déi jo zweephaseg gemaach gëtt. A wann d'Regierung prinzipiell décidéiert huet, fir d'Tangente Ouest ze realiséieren, heescht dat nach ëmmer net, dass net de Konklusioune vum IVL Rechnung gedroe gëtt.

D'Ausschaffe vum IVL-Konzept ass fir 16 Méint veranschlagt, a wann een d'Délais usuels sech ukuckt, wat d'Etudes d'impact fir nei Stroossen ugeet, dann ass den IVL fäerdeg, vläicht souguer laang fäerdeg, ier dee Projet do sprochräif ass.

Wat elo allgemeng de Verkéier zu Lëtzebuerg ubelaangt, kann een an der SERI-Etüd noliesen, dass de Verkéiersvolumen, also d'Verkéiersleeschtungen a Persounen- a Frachtkilometer ausgedréckt, méi séier geklomm ass wéi den ekonomesche Wuesstum, dat heescht, dass déi ekonomesch Entwécklung a de Verkéiersvolumen enk unee gekoppelt sinn.

Wann een elo wëllt, dass déi duerch de Verkéier verursaachten CO_2-Ausstéiss manner séier eropginn, da gëtt an der Etüd verlaangt, de Wuesstum vun der Bevölkerung an der Ekonomie vum Wuesstum vum Verkéier lasszekoppelen. Genee dëst ass och eng

Fuerderung vum Conseil de l'Europe am Beräich Verkéier. Dee spezifeschen Energieverbrauch je Verkéiersleeschtung ass och däitlech eropgaangen, an dat obwuel energiespuerend Technologien um Maart sinn. Dat kann den Auteure vun der SERI-Etüd no zum enge vum Zouhuele vum Flugverkéier ofhänken an zum aneren, dass d'Lëtzebuerger ëmmer méi déck Motoren an hiren Autoen hunn.

D'Tatsaach ass, dass d'Nofro no Sprit fir de Verkéier effektiv e gudde Krack méi séier klëmmt wéi déi global Nofro no Energie. Ech wëll och nach eng Kéier drop hiweisen, dass den öffentlechen Transport, a mengen Aen, eréischt dann eng éierlech Chance kritt, fir realiséiert ze ginn, wann déi reell Käschte vum Stroossen- a Loftverkéier unerkannt sinn. Dofir misst och eng zukünfteg Ökosteier esou ausgeriicht ginn, dass den öffentlechen Transport an net den Individualverkéier favoriséiert gëtt.

Dee wichtegste Bestanddeel vun enger nohalteger Mobilitéit zu Lëtzebuerg ass ee Verkéiersverbond, deen den Numm och verdingt a wou déi eenzel öffentlech Transportmëttel optimal openeen ofgestëmmt sinn. Et geet hei wierklech net ouni e schinnegebonnene flexiblen an dynamesche System mat grousse Kapazitéiten, ee System, dee regional kann agesat ginn, egal ob een e BTB, Train-Tram oder anescht nennt.

De Modal split tëschent dem öffentlechen Transport an dem privaten Autosverkéier op eise Stroossen - géigewäerteg 14% - geet net duer, fir eng substantiell Décharge vum Verkéier an eisem Land erbäizeféieren. Hei, wéi och an anere Beräicher, musse mer eis Ziler setzen, wéi zum Beispill déi 25%, déi vum Verkéiersminister uviséiert sinn. D'Ëmweltkommissioun schwätzt vun 30%. D'Stad Lëtzebuerg ass haut bei iwwer 40%.

Ee weidert Instrument fir eng nohalteg Mobilitéit ass d'Mobilitéitszentral, déi och an der Regierungserklärung festgehale gouf an och nach eng Kéier an dem Rapport vun der Kommissioun ernimmt gëtt. Déi zoustänneg Bauteministesch huet sech a leschter Zäit fir dëse Projet staark gemaach an och, fir en eventuell am Kader vum CITA ëmzesetzen.

Ech erënneren drun, dass d'Mobilitéitszentral eng Plaz ass, wou all d'Fiedem vum Thema Ëmweltverbond zesummelafen, wat eng richteg Ulafstell fir d'Leit a puncto öffentlechen Transport gëtt an eng Instanz, déi Berodung mécht, mä déi awer och nei kreativ Initiative ka starten.

Een aneren Dilemma, op deen ech nach wollt agoen, ass de Problem vum Logement, gekoppelt un de Flächeverbrauch. Mir brauchen ëmmer nei Wunnengen, a gläichzäiteg ass de Landverbrauch an deene leschte Jore massiv an d'Luucht gaangen. D'Perspektiven an dësem Kontext sinn net besonnesch positiv, wa mer keng nohalteg Politik um Niveau vum Landverbrauch aschloen. Och do sief d'SERI-Etüd ernimmt. D'Siedlungs- an d'Verkéiersflächen am Grand-Duché si virun allem op eise wirtschaftleche Wuesstum an eis Bevölkerungszounahm zréckzeféieren. A wa mer weider dee Wee bäibehalen, dee mer an den 90er Jore gaange sinn, da géife sech dës Fläche mol aacht multiplizéieren. Domat wiren 80% vun eisem Territoire am Joer 2050 verbaut.

Fir eng dramatesch Landschaftszerstéierung awer ze verhënneren, muss virun allem d'Flächeproduktivitéit an d'Luucht gesat ginn. Am Klortext heescht dat ënner anerem, dass virun allem duerch technologesch awer och planeresch Innovatiounen de Pro-Kapp-Verbrauch u Siedlung- an och u Verkéiersfläch misst stabiliséiert ginn.

Wat elo de Bau vu Gebaier ubelaangt, huet de Rapport eng Rei vu Pisten opgezeechent, wéi een an Zukunft bei privaten a bei öffentleche Projete kënnt virgoen, fir méi nohalteg, méi ökologesch ze bauen. Hei sinn an aller éischter Linn och d'Büroen an d'Entreprisen am Bausecteur gefuerdert, fir op ëmweltfrëndlech Ressourcen zréckzegräifen.

D'Kommissioun sträicht zu Recht déi grouss Efforten ervir, déi an der Vergaangenheet an der Industrie, virun allem awer och an de Mëttelstandsbetriber gemaach gi sinn. Derbäi kënnt, dass och hei de Stat a virun allem d'Gemenge mam gudde Beispill virginn an eng ganz wichteg Virreiderroll spillen.

An Zukunft misst ee sech virun engem neie Projet d'Fro stellen, ob d'Käschte vum Buedem- a Waasserverbrauch, respektiv vun der Loftverschmotzung net méi grouss wéi de Mehrwäert sinn, dee sech fir d'Kollektivitéit ergëtt? Et ass déi Fro an anerer, déi als Leitlinne musse gëlle fir déi zukünfteg Ausriichtunge vun eiser Ekonomie.

Erlaabt mer, nach e Wuert zur Energie ze soen. Ganz positiv sinn déi héich Subventioune vum Ëmweltminister am Beräich vu private Solaranlagen ze bewäerten. Vun de Gemengen hunn ech scho geschwat. Wichteg ass, dass an Zukunft d'Entreprisen intensiv d'Solarenergie notzen, an dass konsequent déi enorm grouss Potentialer duerch déi modern Technik genotzt ginn am Beräich vum Energiespueren, wéi zum Beispill Niddregenergie-Haiser, Passivenergie-Haiser a Passivenergie-Siedlungen, energetesch Altbausanéierung an och energiespuerend Geräter am Stot.

Greenpeace huet zesumme mat der europäescher Photovoltaik-Vereenegung ausgerechent, dass bis d'Joer 2020 déi jährlech weltwäit Produktioun vu Solaranlage vun elo 270 Megawatt ëm dat 200facht kënnt gesteigert ginn an dass dat iwwer zwou Milliounen Aarbechtsplazen eleng an der Solarbranche kënnt bedeiten.

Ech wëll an deem Kontext drun erënneren, dass am Protokoll vu Kyoto d'Philosophie vum Principe de précaution eng wichteg Roll spillt, fir en zousätzlecht wesentlecht Element fir eng nohalteg Entwécklung kënnen ze realiséieren.

Nach eng Kéier: Nohalteg Entwécklung brauch klor Strukturen an Instrumenter, déi et erlaben, vernetzt d'Nohaltegkeetsprinzipien iwwert déi sektoriell Politiken eraus ze berücksichtegen.

Et musse virun allem prezis Ziler festgeluegt ginn, mat deem éischten Zil, de Ressourceverbrauch erofzesetzen, dat heescht, méi effizient ze wirtschaften. Wat mer also brauchen, ass eng Effizienzrevolutioun, dat heescht manner Ressourcë verbrauche fir déiselwecht ekonomesch Aktivitéit.

Mä fir dass beispillsweis d'Industriebetriber déi beschtméiglechst bestehend Techniken an hire Produktiounsprozesser och asetzen, muss d'Politik selbstverständlech verstäerkt do déi noutwendeg Ureizer schafen.

E weidert Zil kënnt zum Beispill eng Steigerung ëm dat Zéngtfacht vun der Ressourceproduktivitéit si fir all ekonomesch Beräicher. Fir dat ze erreechen, misst ee bis d'Joer 2030 all Joer ëm déi 3% Ressourcen aspueren.

E ganz wichtege Secteur an deem Kontext ass och d'Recherche. Fir eng nohalteg Entwécklung virunzedreiwen, ass wëssenschaftlechen an technesche Fortschrëtt noutwendeg. Et ass genee hei, wou e risegt Potential fir déi zukünfteg ekonomesch Entwécklung an Europa läit, well de Maart vun der Zukunft an neien Technologië läit, déi de Kritär vun der Nohaltegkeet erfëllen.

Prezis Zilwäerter brauche mer, zäitlech Limiten, respektiv déi entspriechend Iwwerpréiwungsmethoden.

D'Défie fir d'Zukunft sinn immens grouss a se setzen eng Partie politesche Courage viraus, awer och eng Chance, eng Chance, fir dass d'Politik ka weisen, dass si ka Visiounen ëmsetzen. Eng Chance fir eis all, well och d'Nohaltegskeetsentwécklung nei Weeër opmécht

– fir Qualitéitsaarbechtsplazen,
– fir eng héich Liewensqualitéit mat enger intakter Ëmwelt,
– fir sozial Ofsécherung a gesellschaftlech Solidaritéit.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Alex Bodry.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zéng Joer nom Äerdsommet, Sommet de la Terre, wéi d'UNO-Konferenz iwwer Ëmwelt an Entwécklung sech e bësse pretentiös genannt huet, an zwee Méint virun der Konferenz vu Johannisburg, Rio+10, féiert d'Chamber dës Orientéierungsdebatt iwwer Nohaltegkeetsentwécklung.

Nom Abrëll 1999, also an der viregter Legislaturperiod, wou déi deemoleg Regierung deen éischte Plang fir nohalteg Entwécklung fir Lëtzebuerg guttgeheescht huet, sti mir hei virun enger zweeter wichteger politescher Etapp an engem Prozess vu politescher a gesellschaftlecher Prise de conscience, virun engem Versuch, fir u sozial, ekologesch a wirtschaftlech Froen an engem Geescht vu vernetztem Denken erunzegoen a Léisungen duerchzesetzen, Problemer vun haut ze léisen, déi wirtschaftlech an déi sozial Entwécklung esou ze steieren, ouni doduerch d'Chancë vun deene kommende Generatiounen ze hypothekéieren.

Schounende Ressourceverbrauch an Ëmweltschutz, sozial Kohärenz, wirtschaftlech Effizienz an engem zesummenhängende Ganzen ze verknäppen, dat ass eigentlech den Usproch vun der Nohaltegkeet fir Widdersprëch, déi bestinn, emol opzeleeën, fir ze probéieren, se ze consignéieren, a wann et net méiglech ass, fir dann ze tranchéieren, andeem een all Elementer vun der Décisioun virun Aen huet.

Sinn et Wonschdreem? Sinn et Hirngespinster vun e puer Verrécktenen, déi mengen, et kënnt een esou un d'Problemer erugoen? Ass et rengt theoretescht Gefasels oder kann dat och geliefte Realitéit ginn?

De Geescht vu Rio, deen emol eng Kéier vun engem fréiere Statsminister invoquéiert ginn ass, ass sécherlech ofgeflaut, wann en da jee bestanen huet. Den éischten Elan ass eriwwer an eng gewëssen Ernüchterung mécht sech breet. Rio war den Ufank vun internationale rechtlechen Instrumenter am Beräich vu Klimaschutz a vu Biodiversitéit.

Déi Instrumenter si weiderentwéckelt ginn, mat alle Schwieregkeeten, mat alle Réckschléi an Hindernisser, déi ze verzeechne waren. Dee Prozess ass net definitiv ënnerbrach, e geet weider. Agenda 21 war en anert Dokument, wat net dee rechtlech zwéngende Charakter huet wéi déi Konventioun, déi ech opgezielt hunn, mä och do war et de Versuch, eigentlech déi Froe vu vernetztem Denken am Ökologieberäich, am Wirtschafts- an am Sozialberäich op de regionalen an op de lokalen Niveau mat erofzebréngen, an net nëmmen eng Affär vu Staten dovunner ze maachen.

Den Nohaltegkeetsbegrëff u sech, och wann en nach konfus ass am Geescht vu ville Leit, a wann en an der Politik selwer oft à tort et à travers gebraucht gëtt, huet sech duerchgesat an der politescher Terminologie, mä et muss een awer soen, dass en um Terrain nach bäileiwen net ëmmer gräift, hei zu Lëtzebuerg wéi op anere Plazen. Et ass e Begrëff – dat muss ech ëmmer erëm feststellen –, deen op grousst Mësstraue stéisst.

Mësstraue vun Institutiounen: Ech erënnere mech do un eenzel Avise vun eisem Conseil d'Etat, wann et drëm gaangen ass, de Begrëff vun der nohalteger Entwécklung a Gesetzestexter anzeschreiwen, zum Beispill wéi

mer 1999 d'Gesetz iwwert d'Landesplanung reforméiert hunn oder wéi e Virschlag komm war, fir nohalteg Entwécklung an eis Constitutioun eranzeschreiwen. Angscht, Mësstrauen a breede Kreesser vun der Wirtschaft hu mer festgestallt, wéi mer déi Hearingen an eiser Chamberkommissioun haten. Alles Kräften, déi doranner déi béis Hand vun dreemereschen Ökologiste gäre gesinn, déi eigentlech hei wëlle radikalen Ëmweltschutz iwwert deen doucë Begrëff vun der nohalteger Entwécklung duerchsetzen.

Et bestinn also haut, zéng Joer no Rio, a laang Joren nodeem de Begrëff vun der nohalteger Entwécklung fir d'éischt emol eng Kéier geprägt gi war, Akzeptanzproblemer an der Politik an an der Wirtschaft. An der Wirtschaft ass et besser ginn, mä et sinn nach immens Barrièren ze huelen.

De Prozess vun der nohalteger Entwécklung, wéi en zu Rio déclenchéiert ginn ass, bedeit – an dat erkläert vläicht och déi Schwieregkeeten, déi een untrëfft bei der praktescher Ëmsetzung – e Broch mat enger Rei vu Certituden, mat enger Rei vun traditionelle Verhalensschemen a Rollenopdeelungen an der Gesellschaft an an der Politik.

Mat der Nohaltegkeet ass eng Iddi rehabilitéiert ginn – och hei zu Lëtzebuerg –, déi laang Zäit verpönt war: d'Iddi vun enger méi laangfristeger Planung. Dat fannen ech schrecklech positiv. Dat huet näischt mam Réckgang vum Sozialismus ze dinn, Här Calmes, mä dat huet éischter ze di mam Ofgoe vun dem Laisser-aller a Laisser-faire vum Liberalismus.

D'Koordinatioun vun Aarbechten an d'Ofweie vun den Argumenter, déi widderspréchlech sinn, och dat gehéiert zur nohalteger Entwécklung, och dat ass keng gängeg Praxis. Matenee schaffen, och beim Stat an de Gemengen, tëschent Servicer, tëschent Verwaltungen, wou et sech dach esou flott nieftenee schaffe léisst a wou et esou flott ass, fir heiansdo souguer géinteneen ze schaffen. Alles dat ass an deem Begrëff Nohaltegkeet mat dran. Dat erkläert d'Schwieregkeet vu senger Duerchsetzung.

Mir hunn e klengt Steck Wee zréckgeluegt, e laange Wee bleift nach virun eis op deem Wee zu méi Nohaltegkeet. Déi rezent Diskussiounen hei zu Lëtzebuerg ronderëm dee faméise 700.000-Awunner-Stat, ronderëm d'Immigratioun, hunn ee Moment d'Nohaltegkeetsdiskussioun total an den Hannergrond geréckelt, obwuel et dach eigentlech an all deene Froen do sech ëm Aspekter vun der nohalteger Entwécklung handelt. Och do ass erëm méi sektoriell gekuckt ginn, méi punktuell gekuckt ginn, anstatt vernetzt an horizontal eigentlech déi doten Themekomplexer unzegoen. Dat gëllt souwuel fir d'Politik wéi fir d'Gesellschaft insgesamt.

Wa mer hei zu Lëtzebuerg – dat wëll ech virausschécken, well dat vläicht bis elo e bëssen ze kuerz komm ass an den Interventiounen – iwwer Nohaltegkeet diskutéieren, da kënne mer dat jo net lassgeléist maache vum internationale Kontext, an deem mer drastinn. Esou laang Dag fir Dag hei op dëser Welt dausende vu Leit un Honger stierwen, esou laang de Räichtum tëschent Nord a Süd esou ongläich verdeelt ass, wéi e verdeelt ass, esou laang wéi mer d'Bevölkerungsentwécklung op der Welt net am Grëff hunn an esou laang d'Recht op Entwécklung vun deenen engen net u méi e rationellen Ëmgang mat den natierleche Ressourcë vun deenen aneren, deenen et besser geet, gekoppelt ass, esou laang komme mer déi Diskussiounen hei zu Lëtzebuerg relativ klenglech vir.

Bei allem Respekt, wéi Diskussioune ronderëm d'West-Tangente, ronderëm eng Tankstell méi, da muss een ëmmer gesinn, wann iwwer Nohaltegkeet diskutéiert gëtt a wann een d'Nohaltegkeet fir d'ganz Welt wëllt, eng Gesamtentwécklung wëllt, déi nohalteg ass, da musse mer eis kleng Lëtzebuerger Diskussiounen - mir sinn e klengt Land, duerfir sinn eis Diskussiounen och heiansdo noutgedronge kleng - am Zesummenhank vun deem Ganze gesinn, déi Enjeuen, déi weltwäit déi Dimensiounen hunn, déi wäit iwwert deene Lëtzebuerger Dimensioune leien. An dach, selbstverständlech, däerf dat doten ni eng Excuse ginn, fir hei inaktiv ze bleiwen, fir näischt wëllen ze maachen.

Mir betounen et ganz gär: Lëtzebuerg ass e vollwäertege Member vun der internationaler Stategemeinschaft; Lëtzebuerg ass Grënnungsmember vu wichtegen internationalen Institutiounen, wou haut wesentlech Décisioune geholl ginn, déi déi ganz Nohaltegkeetsdebatte beaflossen a prägen. Mir hunn duerfir eng gewëssen Auswierkung op multilateral Prozesser a Beschlëss. Mir hu Verantwortung fir eisen eegenen Territoire, selbstverständlech. Firwat sollt net och Lëtzebuerg, well et déi Dimensiounen huet, well et novollzéibar Décisiounsprozesser sinn, well eng Überschaulechkeet besteet, net iergendwéi als Labo, als Modell fir Nohaltegkeet am 21. Jorhonnert an engem wirtschaftlech héich entwéckelte Stat gëllen? Firwat solle mer net probéiere gemeinsam esou ee Modell hei opzebauen?

Mä vläicht komme mer erëm e bëssen do ze vill an d'Dreemen eran. Loosse mer zréckkommen op déi knallhart Realitéit. Eng Realitéit, déi sech am ganz Klengen och an den Aarbechten a leschter Zäit an eiser Ëmweltkommissioun ofgespillt huet, mat de Schwieregkeeten zu Konklusiounen ze kommen, déi grëffeg wären, mat Dissonanzen innerhalb vun der Koalitioun a puncto haaptsächlech grouss Stroossebauprojeten an Tankstellentourismus, mat virdru parteipolitescheem Gerangels ronderëm d'Kompetenz vun eenzelne Kommissiounen a Ministèren an aneres méi.

Ech muss feststellen – an deen Androck hunn ech behalen an der bishereger Diskussioun –, dass zwar e

politesche Konsensus besteet an deene ganz grousse Linnen, mä soubal mer awer wierklech erofginn op den Detail, do ass dee Konsens net méi do, an duerfir ass emol net méi versicht ginn – eng lescht Sitzung ass dës Woch ofgeblose ginn – iwwert all Fraktioune sech vläicht eens ze ginn op e puer grëffeg, bannend Konklusioune vun dësen zwee Joer laangen Debatten, déi mir an der Ëmweltkommissioun gefouert hunn.

Ech perséinlech bedaueren, dass dat esou huet misste kommen. Ech wéilt dem Här Calmes a mengem perséinlechen Numm an am Numm vu menger Fraktioun merci soen, fir säin Asaz, deen en iwwert déi laang zwee Jore gewisen huet. Et ass en nëtzleche Rapport, dee gemaach ginn ass, mä well ebe keng Konklusiounen draus gezu ginn, bleift et haaptsächlech eng grouss Fläissaarbecht, déi gemaach ginn ass, en Tëschebericht, eng Bestandsopnahm, méi wéi wierklech en Orientéierungspabeier, wat eigentlech zu enger Orientéierungsdebatt an der Chamber gehéiert hätt.

Dat ass net dem Rapporteur seng Schold, mä et ass déi Aart a Weis, wéi d'Aarbechten organiséiert gi sinn, an och déi Diskussioun, déi mer zum Schluss gefouert hunn, wou mir ëmmer drop insistéiert hunn, dass et wichteg wär elo, zu e puer Konklusiounen an e puer Orientéierunge fir d'Regierung an där doter Fro ze kommen. Dozou ass et leider net komm. An dësem Dossier ass et e bëssen esou gaang, wéi et och an engem aneren Dossier geet vun dëser Regierung, Jugend an Nout/Jeunesse en détresse, eng Kommissioun, déi iwwer zwee Joer schonn tagt, déi elo awer scho Méint net méi getagt huet an déi esou e vasten Themekomplex sech wollt op d'Broscht zéien, dass se elo net méi et ronn bréngt, fir iwwerhaapt nach Konklusiounen aus deem Ganzen ze zéien.

Et ass also wichteg, ier een un esou grouss Themekomplexer erugeet – dat ass eppes, wat ee gemeinsam fir d'Zukunft soll zréckbehalen –, dass een awer probéiert, am Virfeld den Terrain ofzestiechen, a sech minimal Virsätz hëlt a probéiert, déi dann awer bis zum Schluss duerchzedrécken, anstatt dass een dann herno eigentlech an der Flut vun Informatiounen ersëfft. De Fait, dass an de leschte Wochen nach zousätzlech Etüde geliwwert gi sinn, déi Fro vun den Indicateuren erëm opkomm ass, huet sécherlech net zu der Vereinfachung vun den Aarbechten an der Chamber fir déi Orientéierungsdebatt bäigedroen.

Mir waren der Meenung a mir sinn nodréiglech der Meenung an nohalteg der Meenung, dass dës Debatt hätt solle genotzt ginn, fir déi Mise à jour vum Plang vun 1999 ze maachen. Dir wësst, dass am Plang vun 1999, deen dës Regierung mat iwwerholl huet, drasteet, dass no dräi Joer – a mir sinn elo dräi Joer duerno – no der Verabschiedung vun deem Plang eng Mise à jour gemaach gi sollt. Ech hätt mer virgestallt, dass mer eis Aarbechten eigentlech dorop konzentréieren, op déi Felder, wou mir mengen, do muss an deem enge Sënn oder an deem anere Sënn korrigéiert ginn, do muss complétéiert ginn, well et ass selbstverständlech kee perfekt Dokument. Et wär déi Aarbecht, mengen ech, gewiescht, déi een hätt sollten hei méi zielstrebeg ugoen.

Dat ass net geschitt. Dat muss onbedéngt nogeholl ginn, well et kann net esou sinn, dass mer zum Enn vun dëser Legislatur nach ëmmer mam Plang vun 1999 do stinn, deen zum Deel op Donnéeë vun 1997 an 1998 opgebaut ass, déi séngerzäit zur Verfügung stungen. Do muss wierklech eng Mise à jour kommen, fir dass mer gläichzäiteg kënnen iwwerpréiwen, wéi datt d'Entwécklung vun deene leschte Jore war.

De Ben Fayot wäert a senger Interventioun op eng Rei vu wesentlechen inhaltleche Froen am Detail agoen. Ech wëll a menger Interventioun mech haaptsächlech mat e puer méi institutionell a prozedural Aspekter vun deem Dossier beschäftegen, wa mer an deem Dossier elo an d'Zukunft kucken, ech wëll net mäi Bléck no hanne riichten. Eng vun den Haaptkonklusiounen, déi d'Majoritéitsparteien, a besonnesch hunn ech den Androck, d'demokratesch Partei wëllt aus dëser Debatt zéien, e Projet de motion lung eis jo vir, dat ass, dass elo soll zréckbehale ginn: Mir maachen e Gesetz iwwer Nohaltegkeet.

An deem soll en nationale Plang verankert ginn, en zweejährege Rapport verankert ginn, e Conseil supérieur an e Comité interministériel. Ganz éierlech, wann dat doten nëmmen den Inhalt ass vun esou engem Gesetz, da brauche mer dat Gesetz eigentlech net. Da bréngt et eigentlech net vill méi, wéi wann d'Regierung eng politesch Décisioun hëlt an dohinner geet - dat hätt se scho kënne virun e puer Joer maachen - a seet: Mir setzen e Conseil supérieur an, mir setzen e Comité interministériel an a mir engagéieren eis, dass mer all sou vill Joer eng Mise à jour maachen no där Prozedur, an dass mer da regelméisseg der Chamber e Rapport maachen.

Dat ass parfaitement méiglech, ouni dass dat muss an engem Gesetz verankert ginn, well ech sinn der Meenung, dass d'Gesetzer sollen haaptsächlech Norme festschreiwen an net fir reng prozedural Froe solle benotzt ginn, wann doduerch keng Plus-value fir den Dossier entsteet.

Als Fraktioun kënnte mer eis awer mat esou enger Iddi vun engem Gesetz iwwer Nohaltegkeet ufrënden, wann zousätzlech zu deene prozedurale Froen inhaltlech Aspekter géife behandelt ginn. Mir sinn also der Meenung, dass et ganz wichteg wär, dass zum Beispill déi grouss Prinzipien, déi der Nohaltegkeet zu Gronn leien an déi et méiglech maachen, de Gedanke vun der Nohaltegkeet ëmzesetzen, wéi de Verursaacherprinzip, wéi de Principe de précaution, de Virsuergeprinzip, dass

mer déi sollte verankeren an engem Gesetzestext verbindlech fir d'öffentlech Autoritéiten als Guideline fir hir Décisiounen an Aktiounen.

Wichteg ass et och, dass wa mer an e Gesetz eraginn – mä da fäerten ech, dass dann d'Diskussioune ganz schwiereg ginn –, dass een dann och seet, wat ass de Stellewäert vun deem nationale Plang vun nohalteger Entwécklung par rapport zu anere Planungsinstrumenter, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn an déi gesetzlech ofgeséchert a geregelt sinn. Wat fir eng juristesch Effeten, nieft deene politeschen, huet esou e Plang par rapport zu anere Planungen, déi opgrond vun aneren Texter duerchgefouert ginn?

Da musse mer kloerstellen, well do entdecken ech eng gewësse Konfusioun, wat déi politesch an administrativ Zoustännegkeeten an deem ganze Beräich sinn. Et sinn dräi Departementer elo momentan op der Regierungsbänk vertratt an déi dräi hunn Zoustännegkeeten an deem dote Beräich, notamment opgrond vun deenen Deklaratiounen, déi de Premier viru kuerzem hei an der Chamber gemaach huet, mä direkt méi staark Zoustännegkeeten.

Mir hu jo leider haut bis elo haaptsächlech nëmmen Ëmweltfroen diskutéiert an ech wäert do keng Ausnahm maachen, an net Sozial- a Wirtschaftsfroen, déi mer eigentlech misste gläichberechtegt hei diskutéieren, well dat ass d'Definitioun vun deem Ganzen.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Ech sinn deen Eenzegen, deen iwwert d'Pensioune schwätzt, Här Bodry.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Bal deen Eenzegen.

Also, gesetzlech muss also do en Enn gemaach gi mat enger gewësser Konfusioun, déi herrscht, déi net méi kleng ginn ass an deene leschte Wochen a wou et drëm geet, fir kloerzestellen, wien da schlussendlech koordinéiert, wien d'Impulser gëtt a wien d'Responsabilitéit schlussendlech politesch dréit. Dat schéngt mer fir de Moment net esou kloer ze sinn.

Déiselwecht Schwieregkeete fënnt een um Niveau vun de berodene Gremien erëm. Ech muss soen, ech war zimlech erstaunt iwwert déi Ausso – ech war wahrscheinlech net deen Eenzegen –, déi de Premier hei gemaach huet bei der Deklaratioun zur Lag vun der Natioun, wéi en ugekënnegt huet: De Conseil supérieur vum Aménagement du territoire gëtt ofgeschaaft, e geet op an deem neie Conseil supérieur vum Développement durable.

Elo ass et awer esou, dass dee Conseil supérieur vun der Landesplanung echt Kompetenzen huet, dass am Géigesaz zu enger Rei vu Conseils supérieurs, en obligatoresch virgesinn ass a legislative Prozeduren, wou d'Regierung e puer mol deklaréiert huet, si wéilt besonnesch oft elo Gebrauch maache vun deenen Instrumenter, vun de Plans sectoriels zum Beispill, an do ass all Kéiers de Conseil supérieur vum Aménagement du Territoire virgesinn, fir do en Avis ze ginn. Wann hien en net ofgëtt, dann ass d'Prozedur blockéiert. Mir kennen d'Problemer, déi sech eventuell do praktesch stellen, mä menger Ansicht no kann een net esou mat engem Handstreech einfach soen: Dat gëtt elo esou gemaach. Do stelle sech eng Rëtsch vu Problemer. Eleng, fir dat ëmzesetzen, misst d'Regierung eigentlech légiféréieren, well den Text vun 1999 de Conseil supérieur mat senge Kompetenze virgesäit.

Et ass mir e Rätsel, wéi deen neie grousse Conseil supérieur vum Développement durable niewent deenen eigentlechen Aufgaben an der renger nohalteger Entwécklung, wéi dee sech nach soll am Detail iwwer all Plan sectoriel an all Planungsinstrumenter vun der Landesplanung kënnen an uerdentlechen Délaien an am Fong kënnen äusseren.

Als sozialistesch Fraktioun si mer der Meenung, dass mer, wa mer vill vun Nohaltegkeet schwätzen, och sollten de Courage hunn, dat Konzept vun der nohalteger Entwécklung an eis Verfassung anzeschreiwen als Statszil. Menges Erachtens no huet nach kee Land dat bis elo gemaach. Mir sinn amgaang, eise Verfassungstext nei ze schreiwen. Déi doten Artikelen, wou dat géif drapassen, gehéieren zu deenen, déi mer kënnen änneren. Ech selwer hat als Ëmwelt- a Landesplanungsminister déi dote Suggestioun schonn an der viregter Legislaturperiod gemaach, och do ass dem Conseil d'Etat de Schweess ausgaangen, wéi en dat gelies huet.

Ech mengen, dass mer sollte gemeinsam de Courage hunn, fir déi doten Iddi weider ze verfollegen an, wéi gesot, nohalteg Entwécklung als Statszil an eis Verfassung anzeschreiwen.

Klärungsbedarf besteet, wat de Plang fir nohalteg Entwécklung an déi eenzel aner Pläng vun der Landesplanung ugeet. Klärungsbedarf besteet och, wat d'Aktiounsprogrammer ugeet, wou ëmmer erëm Rieds geet: Aktiounsprogramm an deem Domän an an deem Domän. Wéi stellen déi Aktiounsprogrammer sech an an déi gesamt Planung? Wéi ass et elo genau ze verstoe mat deem integréierte Verkéiers- a Landesplanungskonzept? Wéi dréit dat sech erëm eng Kéier an dat Ganzt an? Do sinn eng ganz Rëtsch vu Froen, déi sech stellen.

Ech wëll awer och kloer maachen, am Numm vun eiser Fraktioun, opgrond vun där Debatt, déi elo lassgetrëppelt ginn ass e puer Deeg virun eisen Diskussiounen hei, wat déi grouss Stroossebauprojeten ugeet, dass mir der Meenung sinn, dass ee sollt no der Logik fueren. D'Logik seet ganz einfach, dass ee fir d'éischt plangt an da realiséiert. Et kann net ëmgekéiert sinn, dass ee fir d'éischt décidéiert an da seet, da plange mer nach an da kucke mer, wéi mer dann eens ginn. Duerfir, mengen ech, dass vill Schwieregkeeten hätte kënne verhënnert

ginn, wann d'Regierung, déi den IVL an hirem Regierungsprogramm stoen huet, 1999 décidéiert hätt, mir maachen dat, anstatt dass se elo dräi Joer Décisiounen hält an da seet, ënnert dem Drock, elo maache mer nach dat dote Konzept.

Dat ass net gutt. Mir kommen elo net méi an eng ideal Situatioun eran, also mengen ech awer, dass mer sollten dat annerhalleft Joer nach ofwaarden a keng grouss nei Projeten ugoen, bis dat Konzept um Dësch läit, dass mer dat kënnen diskutéieren, Konklusiounen draus zéien an doropshin d'Regierung, respektiv d'Chamber, jee no de Kompetenzen, seng Décisiounen hält.

Frou sinn ech driwwer, dass d'Iddi vun de Plans sectoriels elo nëmme méi Anhänger huet an der Politik hei zu Lëtzebuerg. Ech erënnere mech awer bei der Ausschaffung vum Programme directeur, esou laang ass dat nach net hier, do war et schwéier, fir all déi Plans sectoriels, déi mir eigentlech proposéiert haten, an den Text eranzekréien. Ech ka mech erënneren, dass dee vum Logement, zum Beispill, dee mer am Ufank dran haten, hu mer mussen eraushuelen op Demande hi vum Ministère du Logement, dee gemengt huet, si wéilten dann awer kee maachen, duerfir hu mer deen an den zweeten Deel vum Programm geheit.

Ech stellen elo fest: De Logementsminister, deen nach ëmmer deeselwechten ass, wéllt elo awer esou e Plang maachen. Ech héieren och ëmmer erëm nei Iddien, de Plan sectoriel SEVESO ass genannt ginn, de Plan sectoriel Bauschutt. Ech weise just drop hin, dass den Ëmweltminister gesot hat, wéi en de Plan sectoriel iwwert d'Deponie virgestallt huet, hie géif net drun denken, iwwer Règlement grand-ducal deen ëmzesetzen, also verbindlech ze maachen. Entre-temps huet d'Regierung do eng aner Propositioun, zumindest fir de Bauschutt huet se gesot, si wär och no der Planungsphas selbstverständlech bereet, dat iwwer Règlement grand-ducal da virzehuelen.

Wichteg schéngt mer just ze si bei all deene Planungen, dass een do net nëmme plangt hannert véier Dieren, mä dass, wann ee plangt, dass een dat demokratesch mécht, am Sënn vum Dialog an der Transparenz, deen d'Regierung jo op hire Fändel geschriwwen huet, an am Sënn vun enger participativer Demokratie duerchféiert.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- War den Här Wolter eigentlech ëmmer mat lech d'accord?

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Ech wollt dat elo net soen, mä Dir gitt mer elo e gutt Stéchwuert, Här Premier Minister.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat*.- Mir hunn eng Diskussioun doriwwer, wéi dat war.

Hunn ech déiselwecht Erënnerung wéi Dir?

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Ech si gäre bereet, dat op enger anerer Plaz nach eng Kéier duerzeleeën, mä opgrond vun der fortgeschrattener Riednerzäit an aus Respekt viru mengem Frënd, dem Fayots Ben, géif ech probéieren, no menger Trame hei virunzefueren.

(Hilarité et interruption)

Wat d'Chamber ugeet, ech mengen, déi Fro, déi ech mer gestallt hunn: Wat kann den Apport vun der Chamber sinn? D'Chamber ass Législateur, si ass also gefuerdert an deem legislative Beräich.

De Rapporteur war esou fair, dorop hinzeweisen, dass eigentlech, wann een d'Instrumentarien am legislativen, am reglementaresche Beräich kuckt, dass mer zu Lëtzebuerg relativ gutt ausstafféiert sinn, du hues praktesch sämtlech Beräicher, déi duerch Gesetzesregelungen ofgedeckt sinn. Ech wëll nëmmen un e puer erënneren, wou ech net grad onschëlleg dru war. Ech erënneren un d'Energiegesetz, d'Naturparkgesetz, d'Gesetz iwwert d'Betribsgenehmigungen, den Offall-, de Waasserschutz, den Zougank zu den Ëmweltinformatiounen, dat alles si wichteg Instrumenter, déi mer elo zur Verfügung hunn. D'Landesplanungsgesetz vun 1999, fir aus dem rengen Ëmweltberäich erauszegoen, oder d'Gesetz, wat awer misst verbessert ginn, iwwert d'Wirtschaftsbäihëllefen, fir nëmmen eent ze nennen, wat selbstverständlech e ganz wichtegen Impakt op deen dote Beräich huet.

Een Domän, wou mer keng genügend – soen ech hei – gesetzlech Grondlag hunn a wou d'Regierung zaghaft eng Undeitung gemaach huet, dass se wéilt eppes studéieren an deem Beräich, wou mer se awer elo wëllen opfuerderen eppes ze maachen, dat ass de Buedemschutz. Dat ass d'Fro also vun der rationeller Notzung vum Buedem, déi ganz Problematik ronderëm de Buedemverbrauch, wat en zentrale Problem hei zu Lëtzebuerg ass, verbonnen awer och mat qualitative Froen, wat de Buedem ugeet.

Do ass et mer wichteg, dass mer do schnell virukommen, fir dass mer do kënnen an dëser Legislaturperiod, net nëmmen eventuell en Dépôt vun engem Text maachen, mä och nach den Text stëmmen, fir dass mer déi Lacune, déi besteet – et gëtt e schwierege Projet dat doten, dat gi vill Diskussiounen, duerfir ass e jo vläicht och nach net komm – opgedeckt kréien. Buedemschutz schéngt mer eng grouss Erausfuerderung ze sinn hei zu Lëtzebuerg.

All déi Suggestiounen do fannt Der erëm an enger Motioun. Eng Motioun, déi ech awer op mengem Pult leie gelooss hunn an déi eng frëndlech Hand esou léif wäert sinn, fir mer se hei ze reechen.

(Interruptions diverses)

All déi Iddie fannt Der an der Motioun erëm.

Motion 1

La Chambre des Députés

- *considérant que le Gouvernement précédent a arrêté le 30 avril 1999 le premier plan national pour un développement durable;*
- *considérant que le Gouvernement actuel a entériné ce choix politique;*
- *compte tenu du fait que le plan national en vigueur prévoit une mise à jour du document après trois années;*
- *considérant que la mise en application d'une stratégie politique globale de développement durable nécessite aussi les initiatives d'ordre législatif et réglementaire;*
- *considérant que toutes les études font apparaître que l'utilisation rationnelle du sol et la protection du sol revêtent une importance particulière;*
- *considérant que la problématique de la mobilité et du transport doit être traitée prioritairement dans le cadre de la réalisation du plan national de développement durable;*

invite le Gouvernement

- *à intensifier l'information et la sensibilisation du public et des décideurs sur les enjeux du développement durable;*
- *à présenter avant la fin de 2002 une mise à jour du plan national pour un développement durable adopté par le gouvernement au mois d'avril 1999 sur la base des données collectées et des études menées depuis lors ainsi que du rapport et des débats à la Chambre des Députés;*
- *à décider un moratoire sur tous les projets de grande voirie en attendant les conclusions du projet „IVL" et du programme „mobilité.lu";*
- *à concentrer l'essentiel des efforts sur l'amélioration de l'offre et de la qualité du transport en commun;*
- *à présenter avant la fin de 2002 un projet de loi relatif au développement durable à caractère normatif et consacrant le principe de précaution comme référence de l'action des pouvoirs publics;*
- *à soumettre au Parlement avant la fin de 2002 un projet de loi concernant l'utilisation rationnelle et la protection du sol;*
- *à garantir la concordance entre les objectifs du Plan national pour un développement durable, les indications des programmes et plans de l'aménagement du territoire et les décisions prises par les autorités publiques.*

(s.) Alex Bodry, Mady Delvaux-Stehres, Lydie Err, Ben Fayot, Lucien Lux.

Ech wëll zum Schluss nach just Folgendes soen: Et ass vläicht kee Wonner an dat stëmmt ee vläicht optimistesch, gréisstendeels deckt sech dat och mat deem, wat den Här Schank virdru gesot huet. Wat mer elo brauchen, dat si keng weider allgemeng Debatten zum Thema, mä dat ass e strukturéiert Virgoen an der Suite vun deenen Debatten. Dat opgrond vun objektiven a wëssenschaftlech ofgesécherte Grondlagen.

Mir hätte gären, dass déi Conseils supérieurs, dass den interministerielle Comité direkt agesat gëtt an net gewaart gëtt, bis iergendee Gesetz, vläicht dann nach virun Enn vun dëser Legislaturperiod gestëmmt gëtt. Mir sinn der Meenung, dass mer déi Indikatore mussen direkt kréien a bündelen zu engem Ëmweltindex, dass mer Iwwerwaachungs- a Bewäertungssystemer mussen opbaue parallell, fir ze kucken, ob mer richteg leie mat där Politik, déi hei zu Lëtzebuerg gefouert gëtt, oder ob mer musse Korrekturen an deem engen oder anere Sënn virhuelen.

Mir sinn also och der Meenung – ech widderhuele mech nach eng Kéier –, dass mer fir d'éischt musse plangen, ofweien an dann Décisiounen huelen. Ech mengen, dass ouni en Ëmdenken an der Politik, sief dat national oder lokal - vläicht virun der Gesellschaft insgesamt - bleift et menger Ansicht no an der Nohaltegkeet bei schéine Wierder an esou komme mer net zum richtegen Ëmsetzen. Politik kann a muss an esou Froen eng Virreiderroll iwwerhuelen. Merci.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Bodry. Wann Der mer elo nach wëllt Är Motioun eriwwerreechen, wann ech glift?

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Dir sidd ze komplizéiert.

(Hilarité)

M. le Président.- Den nächsten Orateur ass den Här Gusty Graas. Hien ass ageschriwwe fir drësseg Minutten. Ech mengen, mir géifen de Gusty Graas elo nach déi drësseg Minutte schwätze loossen, da wiere mer ongeféier Véirel op zwielef an da géife mer haut de Mëtteg weiderfuere mam Här Mehlen um halwer dräi. Sidd Der domat averstanen?

(Assentiment)

Okay. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

M. Gusty Graas *(DP)*.- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, 20 Joer nom éischte Weltsommet vu Stockholm, 15 Joer nom Brundtland-Bericht an zéng Joer nom Sommet vu Rio iwwert d'Ëmwelt ass d'Nohaltegkeet ouni Zweifel elo en unerkanntenen Objektiv, mä et schéngt trotzdeem, wéi wann d'Verwierklechung vun dësem Objektiv dach mat gréissere Schwieregkeete verbonne wier.

Nëmme wéineg Progrèse si leider zënter Rio ze verzeechnen, mä wat ass iwwerhaapt Nohaltegkeet? Et si

schonn eng Rei Definitiounen hei geliwwert ginn. U sech ass Nohaltegkeet jo soss näischt aneschters wéi eng sënnvoll Kultivéierung vun der Natur. Doran ass eis eege Kultur dran enthalen, well am Endeffekt hänkt dat Soziaalt an dat Wirtschaftlecht dach dovun of, wéi mir mam natierlechen Ëmfeld ëmginn. Duerfir soll een haut der ökologescher Nohaltegkeet éischter de Virrang ginn. An deem Fall schwätzt ee vun enger méi staarker Nohaltegkeet.

Nohaltegkeet ass awer och, datt mir agesinn, datt déi natierlech Ressourcen net duerch den technesche Fortschrëtt kënnen ersat ginn. Wichteg ass, datt mer de Message verbreeden, datt den Développement durable gutt fir jiddfereen ass, well e séchert d'Liewensqualitéit. An eise Regiounen hu mer ouni Zweifel an deene leschte Jorzéngten enorm Progrèse gemaach: eis allgemeng hygienesch Situatioun ass staark verbessert ginn, d'Wunnkonditiounen hu vill méi e mënschewürdege Charakter krut a schwéier Aarbechtsgäng, déi vill Misère bruecht hunn, si vu Maschinnen iwwerholl ginn.

Dës Entwécklung soll net a Fro gestallt ginn, an dach schéngt et, wéi wa mer e gewëssene Zenit errecht hätten. Haut kréie mer ëmmer méi déi aner Säit vun där Medail gewisen. An datt et zum Deel schlecht ëm eise Planet steet, kann een am UNO-Bericht Geo-3 iwwert d'Ëmweltqualitéit noliesen, dee vun dausend Wëssenschaftler opgestallt gouf. Duerch déi zouhuelend Ëmweltbelaaschtung ginn et ëmmer méi Naturkatastrophen a Liewensmëttelkrisen.

Och hu mir grouss Problemer mat der Qualitéit vum Buedem. Wann net bal Moossnamen ergraff ginn, riskéiere mer, datt gläich iwwer 70 Prozent vun der Erduewerfläch versigelt sinn. Eng vun de Konsequenze vun deem steigende Landverbrauch ka sinn, datt bis d'Joer 2030 méi wéi d'Halschent vun de Leit a Géigende mat extremem Waassermangel liewe wäerten. Et gi jo Expären, déi net ausschléissen, datt dat leider kéint zu neie bewaffnete Konflikte féieren.

Duerch d'Ëmweltbelaaschtungen entstinn héich Käschten an zousätzlech gesondheetleche Risiken. Esou ginn zum Beispill all Joer iwwer zwou Millioune Leit op der Welt krank, well se contaminéiert, verseuchte Crustacéen iessen, dovunner sinn der ronn 25.000, déi un Hépatite stierwen. Wann een dës geféierlech Entwécklung considéréiert, da muss een natierlech déi kruzial Fro stellen, ob e permanente Wirtschaftswuesstum méiglech ass ouni d'Ëmweltproblematik nach ze vergréisseren.

Fir déi Fro kënnen ze beäntwerten, muss een allerdéngs vum Netto-Wuelstand ausgoen, dat heescht d'Sozialprodukt feststellen, wou d'Ëmweltschied dann och géingen ofgezielt ginn. Expären hu festgestallt, datt eisen Nettowuelstand zënter de siwwenzeger Joren net méi an d'Luucht gaange wier, mä souguer deelweis zréckgaange wier.

Ech beruffe mech do op Behaaptunge vum Manfred Max-Nef aus der Zäitschrëft „Ecological Economics".

Opgrond vun dëser Theorie géing haut den Zouwuess vum Sozialprodukt an den Industrielänner duerch Schied, déi mir un der Ëmwelt an un der Gesondheet uriichten, opgebraucht. Wann een och vläicht dës Aussoe relativéiere muss, esou si se awer dach derwäert, analyséiert ze ginn.

Un Hand vun zwee einfache Beispiller kann een noweisen, wéi de Fortschrëtt och seng negativ Säiten huet.

1. Duerch den Ausbau vun eisem Autobunnsnetz hu mer vill Weeër méi kuerz gemaach. Op där anerer Säit sinn awer zesummenhängend Bëscharealer a wäertvoll Liewensraim fir Déieren a Planze fir ëmmer zerstéiert ginn an d'Kaméidisquellen hunn enorm zougeholl. Dat bréngt onweigerlech och Konsequenze fir d'Gesondheet vun de Bierger an d'Aartevielfalt leid drënner. Zousätzlech Sue mussen dann investéiert ginn, fir déi entstane Schied deelweis ze reparéieren.

2. Déi zum Deel onkontrolléiert Versigelung vun eiser Landschaft huet de Gewässersystem esou verännert, dass op ville Plazen natierlech Retentiounsraim net méi bestinn. Mir hunn ëmmer méi Problemer mam Héichwaasser a mussen dofir héich Zommen investéieren, fir dee Problem ze bekämpfen. Zousätzlech leid natierlech och d'Qualitéit vun eise Baachen a Flëss dodrënner. Mer sollte wierklech méi Milliarden an de Bau vu Kläranlagen investéieren.

Eleng déi zwee Beispiller beweisen, dass et an Zukunft méi wéi jee wichteg ass, dass all Investitiounen, déi eng direkt Verännerung vum natierlechen Ëmfeld mat sech bréngen, enger sou genanntener Ökobilanz ënnerworf solle ginn. Schonn ufanks den 90er Joren huet d'UNO en integréierte System vun ekonomeschen an ëmweltschützeresche Konten opgestallt.

Da wëll ech nach hei drun erënneren, dass d'Europäescht Parlament de Memberstate recommandéiert huet, sou genannt Satellittekonten ze schafen, wou niewent enger ekonomescher a finanzieller Kontabilitéit och en ekologesche Kont géing agefouert ginn.

Vill Stéit gehéieren haut der Charte vun Aalborg un an experimentéiere scho mat ekologesche Konten. Et wier also interessant, fir hei zu Lëtzebuerg esou e Pilotprojet op d'Schinn ze setzen, dat un éischter Linn um Niveau vun de Gemengen.

De wuessende Wuelstand muss also dru gemooss ginn, ob den Zouwuess de Mënschen notzt oder schued. En notzt, wann hiert allgemengt Wuelbefanne verbessert oder zumindest net verschlechtert gëtt. Mä, wat ass Wuelstand? Dat ass déi eigentlech Fro. Et dierft schwéier falen, dëse Begrëff objektiv ze erklären, well jiddfereen

u sech seng eege Virstellung vum Wuelstand huet. Hei si mir elo am Kär vum Problem ugelaangt.

Wa mir weiderhin op een onkontrolléierte Wuesstum setzen, ouni den negativen Impakt op den natierleche Liewensraum ze berücksichtegen, da riskéiere mer onweigerlech, an der noer Zukunft nach gréisser ekologesch Problemer ze kréien.

Et ass also net fir näischt, dass an eiser Gesellschaft an och hei zu Lëtzebuerg ëmmer méi Leit sech Gedanke maachen, wéi een en aneren, en neie Liewensstil kënnt fleegen, zum Beispill wat d'Ernährung, wat d'Notze vun der Energie ubelaangt.

Virun allem an der Nohaltegkeet ass den Aussproch „méi ass wéineger" d'Basisdenken. D'Selbstbegrenzung ass fir de Mënsch nëmmen e sënnvolle Begrëff, wann en doduerch eppes optiméiere kann.

Haut stellt jo och praktesch kee méi d'Klimaverännerung a Fro. A wëssenschaftleche Kreesser ass ee sech ëmmer méi eens, dass déi mënschlech Aktivitéite Schold um Klimawiessel sinn.

Souguer an der bal onwahrscheinlecher Hypothees, dass dee Klimawiessel net bedéngt wär duerch mënschlech Aktivitéiten, wier et awer falsch net zousätzlech Investitiounen ze maachen, fir d'Qualitéit vun eiser Loft ze verbesseren, well et däerf een net vergiessen, dass den Ausstouss vu gëftege Gasen awer och derzou bäidréit, dass eisen Immunsystem nach ëmmer méi Problemer kritt. Dat kann een am beschte feststellen un der leider steigender Tendenz vun den Allergien a vun den Otmungsproblemer. An dass de Klimawiessel awer och scho seng éischt Affer fuerdert, ass leider op ville Plaze vun der Welt festzestellen, sief dat d'Schmëlze vun den Äisbierger oder dat verstäerkt Optriede vu gréisseren Naturkatastrophen.

Enger rezenter amerikanescher Etüd no ass elo nach en neie Phenomeen opgetaucht am Kontext mat dem Klimawiessel, an zwar d'Begënschtegung vu Krankheitserreger. Den Treibhauseffekt géing Epidemië bei Déieren, Planzen an och beim Mënsch vergréisseren. Dat kann ee jiddefalls an der amerikanescher Fachzäitschrëft „Science" noliesen. D'Krankheete vum Mënsch huelen ouni Zweifel duerch de Klimawiessel zou. Esou rechnen d'Fuerscher an Ostafrika mat neien Ausbréch vun dem Rift-Valley-Féiwer. 1998 waren do drun dausende vu Leit gestuerwen. De Klimawandel kann allerdings och zu Stress bei Planzen an Déiere féieren, esou dass och si méi ufälleg fir Infektioune kéinte ginn.

Fir dëse Problem an de Grëff ze kréien, brauche mir awer eng Strategie, déi vun der internationaler Kommunautéit ëmgesat gëtt. Nëmmen ze begréissen ass dofir d'Entscheedung vum Europaparlament vu gëschter, wat sech fir eng vollstänneg Steierbefreiung vu Biokraaftstoffer ausgeschwat huet. Och d'Bréisseler Kommissioun huet hiren Deel dozou bäigedroen, andeems se e Gréngbuch veröffentlecht huet mam Titel: „Hin zu einer europäischen Strategie für Energieversorgungssicherheit". Dodran ass ënner anerem virgesinn, bis d'Joer 2020 e Fënneftel vun de konventionelle Kraaftstoffer duerch alternativ Produkter ze ersetzen.

D'Fro ass natierlech och ze stellen: Wou kënne mer hei zu Lëtzebuerg an deem klenge Mikrokosmos dann elo konkret Nohaltegkeet uwenden? Well wa mer nëmmen een extreemt klengt Land sinn, esou musse mir eis dach awer eiser Verantwortung bewosst sinn.

Aus eiser Siicht gëtt et eng Rei vu Beräicher, wou weiderhi verstäerkt Efforten am Sënn vun enger nohalteger Entwécklung zu Lëtzebuerg gemaach kënne ginn. Zum Beispill um wirtschaftleche Plang. Wann de Wirtschaftswuesstum nëmmen nach derzou déngt, fir déi durch de Wuesstum entstane Schied ze reparéieren, dann erfëllt e seng Missioun mat Sécherheet net.

Wa mir eis selwer an eng Wirtschaftsspiral eramanövréieren, da riskéiere mir d'Affer vun eisem Erfolleg ze ginn. D'wirtschaftlech Aktivitéit däerf u sech net zum renge Selbstzweck verkommen. Si muss sech an den Déngscht vun der Allgemengheet stellen. Dofir däerf een och d'Wirtschaftspolitik net lassgeléist vun deenen anere Beräicher gesinn. Si muss enk mat villen anere Beräicher verbonne sinn. Ech denken un den Transport, d'Ëmwelt, un d'Energie, un den Aménagement du Territoire.

Dofir solle mir an Zukunft méi selektiv bei der Bestëmmung vun neie wirtschaftlechen Aktivitéite virgoen. Si mussen enger préalabler Bilanz ënnerzu ginn, wéi wäit se wierklech gewënnbréngend fir eis Gesellschaft sinn.

Ech wëll an dësem Kontext awer nach eng Kéier op d'Wierder vum Statsminister zréckkommen, déi hie bei der Deklaratioun iwwert d'Lag vun der Natioun gebraucht huet, wou e wuertwiertlech gesot huet: „Mir mussen net all Betrib nolafen". An dat stëmmt.

Dat wëllt jo awer net heeschen, dass ee géint de Wuesstum ass. Neen, et heescht just, dass ee sech fir e qualitative Wuesstum ausschwätzt, e Wuesstum, dee wierklech de reelle Besoine vun enger Gesellschaft entspréicht.

Deementspriechend sollen och eis Finanzen nohalteg géréiert ginn. Am Intérêt vun de kommende Generatiounen däerfe jiddefalls net zevill Hypothéiken opgestallt ginn. D'DP ka jiddefalls nëmme festhalen, dass dës Regierung deene Kritäre Rechnung dréit. D'Tatsaach, dass d'Regierung jo d'Intentioun huet, bis d'Joer 2007 déi gesamt Scholdelaascht op null erofzesetzen, ass jiddefalls de beschte Beweis vun enger nohalteger Finanzpolitik.

Eng staark Ekonomie dréit jo och derzou bäi, fir e Sozialnetz kënnen ze knäppen. Ech mengen awer behaapten ze kënnen, dass mer hei zu Lëtzebuerg an

deene leschte Jorzéngten dach mat vill Erfolleg et fäerdeg bruecht hunn, en Netz ze spanen, wou quasi keen derduerch fale kann.

Derniewent ass d'Integratioun vun alle Bierger an den Erhalt vum solidaresche Sozialmodell de Grondpilier vun der nohalteger Entwécklung, mä sozial Nohaltegkeet heescht awer och, keng sozial Excèsen zouzeloossen.

De Wuesstum vun der Populatioun huet natierlech eng Inzidenz op d'Nohaltegkeet. Falsch ass et awer d'Konklusioun, ze zéien, en Uwuesse vun der Awunnerzuel géing sech automatesch negativ op d'Liewensqualitéit auswierken. Zënter 20 Joer wiisst eis Populatioun jo nëmmen duerch d'Immigratioun, a wa mer wëllen de wirtschaftleche Wuesstum bäibehalen, da komme mer net derlaanscht, fir eng aktiv Immigratiounspolitik ze bedreiwen. D'Immigratioun ass also e wesentlecht Element vun dem Développement durable.

An der Etüd vum SERI, déi den Ëmweltministère an Optrag ginn huet, geet klor ervir, dass mir virun engem Uwuesse vun der Populatioun keng Angscht brauchen ze hunn. Allerdéngs hängt natierlech alles dervun of, wéi mir uwuessen. Ech zitéieren aus där Etüd: „Zwischen den Faktoren Bevölkerungsentwicklung und Ressourcen und Umweltverbrauch andererseits besteht keinesfalls ein linearer Zusammenhang."

Besonnesch am ekologesche Beräich kënne mir d'nohaltegt Denken nach méi konsequent ëmsetzen. Éischt gutt Usätz sinn ze erkennen, besonnesch wat d'Ënnerstëtzung vun den alternativen Energien ubelaangt. Mir hunn hei de Protokoll vu Kyoto ratifizéiert a mir hunn eis zu kloren Ziler verflicht, dat heescht bis d'Joer 2012 28% manner CO2-Ausstéiss ze produzéieren. An dat musse mir och erreechen. Sécher fält et global net an d'Gewiicht, ob Lëtzebuerg seng Ziler anhält oder net, mä trotzdeem liewe mer an enger internationaler Stategemeinschaft. Dofir hu mir och eng gewësse Verflichtung a mir sollen deementspriechend eis Hausaufgabe seriö maachen.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Et ass also evident, dass mer an Zukunft nach méi verstäerkt op alternativ an erneierbar Energië setze mussen. Niewent deene wichtege groussherzogleche Reglementer, déi den Ëmweltminister geholl huet am Intérêt vun de Privatleit a vun de Gemengen, muss ech awer och drop hiweisen, dass de Wirtschaftsminister de Moment amgaang ass, sech eeschthaft Gedanken ze maachen, wéi ee kann d'Betriber nach méi substantiell ënnerstëtzen, wa se Alternativenergien notzen. Derniewent fält natierlech der rationeller Energienotzung eng ëmmer méi grouss Roll zou. D'Waarden op den Energiepass, vun deem mer scho relativ laang schwätzen, muss endlech en Enn kréien.

Wann et awer ee Beräich gëtt, wou mer an der Nohaltegkeet nach méi Akzenter kënne setzen, dann ass dat ouni Zweifel um Niveau vum Gewässerschutz. De Bau vu Kläranlagen ass natierlech nëmmen eng Symptombekämpfung, mä dréit awer ouni Zweifel derzou bäi, fir d'Qualitéit vun eise Baachen a Flëss ze verbesseren. Allerdings muss ee feststellen, dass op deem Gebitt nach wie vor hei zu Lëtzebuerg et an enger Rei vun Deeler vum Land nach ëmmer seriös happert.

E wichtegen Aspekt vun dem Gewässerschutz ass d'Renaturéierung, woubäi een do muss fairerweis soen, dass eng Rei gutt Usätz ze erkenne sinn. Munchmol wënscht ee sech do nach e méi staarkt Duerchgräifen. Et bedauert een, dass et nach eenzel Lobbye gëtt, déi net de Sënn vun der Renaturéierung vun eise Waasserleef agesinn.

Wa mer iwwer Gewässerschutz schwätzen, komme mer och net derlaanscht, e Wuert iwwert dat geplangte Waasserwirtschaftsamt ze verléieren, wou mer lues a lues op déi lescht Ligne droite zouginn a wou den Avantprojet de loi souwäit fäerdeg ass. Mir wëssen, dass d'Schafe vun engem Waasserwirtschaftsamt keng einfach Aufgab ass, dass dat eng Rei vu Problemer wäert mat sech bréngen, besonnesch fir d'Kompetenzen, déi iwwer Jorzéngten op ville Plaze verdeelt waren. Dat ze bündelen, ass ouni Zweifel e ganz groussen Défi. Trotzdeem däerfe mer hei net zréckgoen.

Et ass wichteg, dass mer e Waasserwirtschaftsamt schafen. Allerdings wëll ech direkt betounen, dass de Geescht vu fréier, dee jorzéngtelaang um Niveau vum Gewässerschutz a verschiddene Verwaltunge geherrscht huet, muss der Vergaangenheet ugehéieren, well soss erreeche mer d'Zil net. Mir musse konsequent den ekologeschen Aspekt an de Vierdergrond stellen, wa mer an Zukunft iwwert eng kohärent Waassergestioun diskutéieren.

An de leschte Wochen a Méint si jo ganz waarm Plädoyeren hei gehale gi fir de Wunnengsbau. Dat soll een net a Fro stellen. Mir wëssen, dass mer do Nohuelbedarf hunn. Wat mech allerdings e bëssen erstaunt huet an och verwonnert huet, dass all déi Leit, déi sech fir de Wunnengsbau agesat hunn, wat een als méritoire kann duerstellen, ni sech awer Gedanke gemaach hunn, wat dat fir zousätzlech Konsequenzen zum Beispill fir d'Qualitéit vun eise Gewässer kënnt mat sech bréngen. Ech bedaueren dat e bëssen a wëll dat dofir hei an aller Däitlechkeet soen. Wa mir iwwer zousätzleche Wunnengsbau schwätzen, da musse mer awer och ganz klor d'Fro vun dem Schutz vun eise Gewässer dru koppelen. Ech perséinlech sinn der Meenung, dass kee Lotissement dierft hei zu Lëtzebuerg méi erlaabt ginn, wann net am Virfeld séchergestallt ass, dass eng adequat Ofwaasserklärung domat verbonnen ass, well soss solle mir eis hei kengen Illusiounen higinn, wa mer vun Nohaltegkeet schwätzen, well dann argumentéiere mir ëmmer nëmmen an eng Richtung. Ech wëll hei net falsch verstane ginn, mä et kann een déi zwou Saachen net dissociéieren, well soss bleiwe mir net an enger richteger Logik.

Tëscht dem Gewässerschutz an der Landwirtschaft besteet natierlech och eng enk Relatioun. Et ass nun eben eng Tatsaach, och dat kann een net ofstreiden, dass tëschent deenen erhéichten Nitratwäerter, der Eutrophisatioun vun eise Gewässer an der intensiver Landwirtschaft eng gewësse Relatioun besteet. Och den Asaz vu Pestiziden dréit derzou bäi, dass d'Qualitéit vun de Waasserleef dorënner ze leiden huet. Dat gëllt net nëmme fir d'Waasserfauna an d'Flora, dat gëllt och zum Beispill fir eis Nahrungsmëttel, a virun allem fir d'Buedemliewen. An dass et och anescht geet, beweist eng Rei vun engagéierte Baueren zu Lëtzebuerg. Dofir si mir och der Meenung, dass an Zukunft besonnesch déi méi alternativ, déi méi biologesch Landwirtschaft nach méi ënnerstëtzt soll ginn.

Een anere wichtegen Aspekt vun der Nohaltegkeet ass natierlech och de Stroossebau an domat verbonnen den direkten Agrëff an den natierleche Liewensraum. Dës Thematik hat jo an deene leschten Deeg fir e bëssen Opreegung gesuergt. Mir mussen eis effektiv d'Fro stellen, inwiefern den Neibau vu Stroossen nach noutwendeg ass. Et weist sech ëmmer méi, dass de Bau vun zousätzleche Stroossen d'office neie Verkéier unzitt. Dofir soll een zu dësem Zäitpunkt keng Décisiounen treffen, déi sech spéider emol kënnen als en lertum erausstellen.

Ech fannen et – ech betounen, dass dat meng perséinlech Meenung ass – e bësse verwonnerlech, dass mer zu dësem Zäitpunkt schonn iwwer eng zweet Nordstrooss diskutéieren, woubäi déi éischt emol nach net op ass. Et soll een also do mat de Planunge ganz virsiichteg sinn.

Wat elo déi geplangten Autobunnsprojeten am Süden ubelaangt, och do huet d'Ëmweltkommissioun eng berechtegt Ausso gemaach an ënnerstrach, dass een emol soll fir d'éischt d'Resultater vun dem IVL ofwaarden, ier nei Décisioune geholl ginn.

Ech wëll ënnersträichen, dass mir net eleng mat där Meenung do stinn. Och d'Mme Bauteministesch huet sech an deem Sënn ausgedréckt. Ech verweisen hei op eng Question parlementaire vu mengem Fraktiounskolleeg Xavier Bettel a vu mir, d'Question parlementaire 1496 vum 24. Januar 2002, wou et ëm déi geplangten Uschlëss un de belschen Autobunnsréseau gaangen ass am Raum Käerjeng-Kënzeg. Do huet d'Mme Ministesch Folgendes geäntwert: „Nonobstant des avantages manifestes de cette nouvelle jonction de Sélange, le département des Travaux publics compte analyser l'opportunité de cette liaison autoroutière par l'instruction de l'IVL."

(Interruption)

Et ass jo awer eng klor Ausso, déi hei gemaach gëtt.

(Interruption)

Ech ka mech nëmmen op déi Question parlementaire hei beruffen an déi Äntwert ass fir mech bindend.

Selbstverständlech soll a kann een net pauschal géint all Stroossebauprojet sinn, well och nei Stroosse kënne sech souguer an de Geescht vun der Nohaltegkeet areien. Ech denken do besonnesch u Contournemente vun eenzelnen Uertschaften, déi een och net soll an Zukunft ausschléissen.

Mir sinn eis bewosst, dass virun allem de Verkéier ee vun de ganz grousse Problemer an eisem Land ass, mä dee kann och nëmmen ënnert dem Gesiichtspunkt vun der Nohaltegkeet geléist ginn.

An dësem Kontext muss een och op déi geplangte Moossnam um Niveau vun der Transportpolitik hiweisen. Ech wëll elo net an all Detail agoen, Detailer, déi de Minister Henri Grethen schon hei an op anere Plaze virgedroen huet, mä ech mengen awer kënnen ze behaapten, dass zum Beispill eng Verduebelung vun der Eisebunnslinn vu Péiteng an d'Stad oder en Ausbau vun der Linn vu Beetebuerg an d'Stad, also eng drëtt Linn, ouni Zweifel kënnen a wäerten zu enger Verbesserung vun der Problematik bäidroen.

Selbstverständlech solle mer och do realistesch sinn. Mir musse wëssen, dass den Individualverkéier ni wäert kënne ganz éliminéiert ginn. Dat soll och keen Zil sinn. Den Individualverkéier soll net verdammt ginn. Mir mussen eis och bewosst ginn, dass deen natierlech nach wie vor ëmmer wäert e gewëssene Rôle an eiser Mobilitéit spillen.

Virun allem Projete wéi d'Ubannung vum Kierchbierg an de Findel un d'Schinnennetz si jo awer och Mesuren, déi um Territoire vun der Stad Lëtzebuerg wäerten derzou bäidroen, dass mer dat gewinntent Bild vun de Stauen hoffentlech an Zukunft manner oft wäerten ze gesi kréien.

Wa mer natierlech vum Verkéier schwätzen, da komme mer och net derlaanscht, e Wuert iwwert dee sou genannten Tankstellentourismus ze verléieren. D'Realitéit ass jo déi, dass mer mam Verkaf vun dem Bensin, dem Masut a mat Produits accessoires jo awer eng relativ héich Recette all Joers an eisem Budget kënne feststellen. Mir kennen och d'Ursaach. Dat ass déi grouss Präisdifferenz vis-à-vis vun dem Ausland.

Natierlech kéint am Kader vun enger europäescher Harmoniséierung vun den Accisen dës Freed vläicht eng Kéier eriwwer sinn. Ech beruffe mech hei op e Rapport vun der Finanzkommissioun vum 3. Juni, wou am Kader vun zwou geplangten Direktiven iwwert d'Taxatioun vum Masut jo awer och eng interessant Ausso gemaach gouf, an dat a Presenz vum Premier: „Il ressort de ces deux directives que le tourisme pétrolier dans notre pays sera condamné à moyen terme." Dat kann een natierlech bei der Planung vun zukünftegen Tankstellen net ausser Uecht loossen. Wichteg wier et vläicht an deem Kontext – mir hu schonn e puermol op anere Plazen driwwer geschwat – och emol eng Etüd unzefuerderen, fir

wierklech den Nettobenefiss vun dem Verkaf vu Bensin a Masut op eisem Territoire festzestellen.

Besonnesch de Prinzip vun der Vermeidung an der rationeller Notzung ass och en elementaart Element vun der Nohaltegkeet, sief dat um Niveau vum Offall, der Energie oder dem Gewässerschutz.

Wann een natierlech dee Prinzip wëllt verstäerkt applizéieren, da spillt och d'Fiskalitéit eng wichteg Roll. Ech wëll drun erënneren, dass d'Demokratesch Partei eng vun deenen éischte Parteie war, déi sech fir Ökotaxen ausgeschwat huet. Och haut sti mir nach derzou. Allerdings, an ech wëll dat ënnersträichen, däerf d'Aféierung vun Ökotaxen net zur Erhéijung vun der allgemenger Steierlaascht féieren. En plus mussen d'Ökotaxen ëmmer de Charakter vun engem Lenkungsinstrument hunn, dat heescht, déi bescht Ökotax ass déi, déi een ëmgoe kann.

Da wëll ech awer och drop hiweisen, dass d'Recetten, déi duerch d'Ökotaxen entstinn, sollen zweckgebonne sinn. Mir mussen zwar do mat engem gewëssene Prinzip vun eiser Budgetspolitik briechen, mä Recettë vun Ökotaxe sollen derzou benotzt ginn, fir zousätzlech Investitiounen um Niveau vum Environnement kënnen ze tätegen. Et gëtt ee Beispill, wou mer se hei zu Lëtzebuerg kënnten applizéieren. Et war schonn eng Kéier e Versuch gemaach ginn, dee leider feelgeschloen ass. Allerdings war dat, well do e falsche Prinzip applizéiert gi war.

Mir hu scho viru Joren eis Iwwerleeungen ënnerbreet, wéi ee kënnt eng gestaffelt Ökotax, zum Beispill um Drénkwaasser, applizéieren. Mir ginn dovun aus, dass een e gewëssene vitale Verbrauch, soe mer emol 40 m3 Consommatioun pro Joer net besteiert an dass all zousätzlech Consommatioun doriwwer eraus stufeweis géing mat enger Tax belaascht ginn. Mir mengen, dass dat dem Prinzip vum Pollueur-payeur géing Rechnung droen. Et soll een och de Courage hunn, doriwwer méi eeschthaft nozedenken. Ech verweisen hei op eng Interventioun vum Statsminister geleeëntlech vun enger Interpellatioun vum grénge Kolleeg Bausch iwwer Ökotaxen, wou e sech am Prinzip och net dergéint ausgeschwat huet a bis d'Joer 2003 op deem Gebitt eppes ugekënnegt huet. Et ass also ze hoffen, dass sech op deem Plang eppes wäert bewegen.

E weideren ekologesche Beräich, wou mer nohalteg wierke kënnen, ass d'Bewirtschaftung vun eise Bëscher an eiser Heckelandschaft.

Ronn een Drëttel vun eisem Territoire besteet jo aus Bëscher, mä leider, an dat wësse mer alleguer, ass de Gesondheetszoustand net optimal. Et gëtt geschätzt, dass tëschent 20 a 25% vun eise Beem schwéier krank oder souguer futti sinn. Dat misst normalerweis ze denke ginn, well mir si jo lues a lues amgaang, eis eege Sauerstoffläsch zouzedréinen. Wa mer och géint déi äusserlech Aflëss net vill Awierkungsméiglechkeeten hunn, ech denke virun allem hei emol un de sauere Reen, esou kënne mer awer op eisem nationalen Territoire e puer streng Regelen opsetzen, déi derzou bäidroen, dass de Schutz vun eiser Bam- an Heckelandschaft kéint verbessert ginn.

Ech denken drun, dass een och soll gewëssen Tabuzonen ausweisen, déi dann definitiv respektéiert musse ginn a wou dann och net méi däerf eng baulesch Moossnam virgeholl ginn.

D'Ausweisung vu sou genannten Naturbëscher huet mat Sécherheet säi Sënn. Do sinn, besonnesch um kommunale Plang, éischt positiv Usätz ze erkennen. Elementar muss et jiddefalls sinn an enger nohalteger Bëschbewirtschaftung, dass nëmme standuerttypesch Aarten ugeplanzt ginn an dass d'Verjéngung vun eise Bëscher op eng natierlech Aart a Weis vir sech geet.

Insgesamt muss d'Notzung vum Liewensraum Bësch nach méi ekologesch orientéiert ginn. Selbstverständlech ass e Bësch nach wie vor en Holzlieferant, mä net nëmmen. En ass och en Erholungsgebitt, dat awer net däerf iwwerstrapazéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Nohaltegkeet kann allerdings nëmme gräifen, wa se och konkret um Terrain ëmgesat gëtt. Theorien opstellen ass eng Saach, se an d'Praxis ëmsetzen eng aner. De beschte Partner vum Stat sinn dofir ouni Zweifel d'Gemengen. Fir d'DP ass et jiddefalls evident, dass d'Gemengen nach méi verstäerkt an dee Prozess mat integréiert ginn, well déi lokal, déi regional an déi interkommunal Zesummenaarbecht gewënnt ëmmer méi u Bedeitung.

Mir sinn och der Meenung, dass den Investitiounsspillraum vun de Gemenge muss méi flexibel gestallt ginn. Et muss een hinnen d'Méiglechkeet ginn, a firwat net am Concours mat privaten Entreprisen, fir verstäerkt Investitiounen am Intérêt vum Ëmweltschutz virzehuelen. Ech denken un éischter Linn natierlech un d'Promotioun vun alternativen Energien, wëll awer klor ënnersträichen, dass esou eng Zesummenaarbecht mat dem Privatsecteur muss e kloren, däitleche legislative Kader kréien.

Den Ëmweltminister an de Statssekretär am Ëmweltministère hu kierzlech 26 Indicateuren hei presentéiert, wat eis d'Méiglechkeet gëtt, d'Nohaltegkeet konkret ze moossen. Si erlaben eis et och, periodesch ofzeweien, wéi wäit mer Progrësë realiséiert hunn, respektiv och net.

Dat entsprécht der Agenda 21. Aus Zäitgrënn kann een hei natierlech net am Detail op all déi Indicateuren agoen, mä ech wëll awer trotzdeem e puer Remarken derzou maachen.

D'DP begréisst virun allem, dass d'Regierung jo gewëllt ass, bis d'Joer 2005 1% vum nationale Bruttorevenu an d'Entwécklungshëllef ze investéieren. Domat gehéiere mir dann zu deene fënnef beschte Länner – wann een dat esou kann ausdrécken – op der Welt. Ech sinn allerdings der Meenung, dass mer dat deene Völker

schëlleg sinn, déi net déi Chance hunn, déi mir hunn. Dës Zilsetzung ass ouni Zweifel nëmmen ze ënnerstëtzen.

D'Indicateuren, wat d'Gesondheet ubelaangt, weisen och eng Rei vun ambitiéisen Ziler op. Niewent der Bekämpfung vun dem Kriibs am Allgemengen ass jo och virgesinn, d'Zuel vun de Stroossenaccidenter erofzesetzen. Ech woen awer ze behaapten, dass dat Gesetz, wat mer gëschter hei gestëmmt hunn, nämlech d'Aféierung vum Punkteführerschäin, een och roueg an d'Kategorie vun der Nohaltegkeet areie kann, well do hu mer jo awer e legislatiivt Instrument geschafen, wat et muss erlaben, d'Zuel vun den Accidenter zu Lëtzebuerg erofzesetzen. Leider hu mer net méi spéit wéi gëschter erëm de Beweis geliwwert kritt, wéi mäerderesch de Verkéier nach wie vor zu Lëtzebuerg ass.

Wéi soll dann elo den Débat iwwert d'Nohaltegkeet hei am Land weidergefouert ginn? Mir hunn haut u sech e ganz wichtege Schrëtt gemaach an dofir wëll ech besonnesch dem Rapporteur, mengem Fraktiounskolleeg Emile Calmes, merci soen, dee vill Ausdauer bewisen huet, besonnesch an deene leschten Deeg. Et ass him ze verdanken, dat soen ech ganz éierlech an dat soen och d'Kolleegen aus der Oppositioun, a wat mir och respektéieren, dass mer haut deen Débat féieren, dass mer en an där Sérénitéit féieren, en Débat, deen u sech de Grondsteen leet, fir d'Nohaltegkeet op méi engem groussen Niveau ze thematiséieren. Natierlech musse mer och an Zukunft versichen, deen Débat nach méi ze cernéieren, well et huet een dach heiansdo d'Gefill, dass mer géingen op zwou oder dräi Spure fueren.

Klor ass awer, dass et un der Chamber läit, de verlängerten Aarm vum Vollek, als legitiméiert Institutioun Entscheedungen ze huelen, fir eng nohalteg Zukunft kënne virzebereeden. Dat wëllt jo net heeschen, dass d'Forces vives sollen ausgeschloss ginn. Au contraire! D'Forces vives sollen un dem Débat associéiert ginn. Dat gëllt fir d'Gewerkschaften, fir d'Patronat, fir d'ONGen an esou weider.

Da soll awer och op dëser Plaz drun erënnert ginn, dass souwuel d'Ëmweltkommissioun wéi och d'Immigratiounskommissioun an deene leschte Méint eng ganz Rei Leit aus der Société civile gesinn hunn, wat eis erlaabt, elo eng Synthèse vun all deene Gespréicher ze zéien an op Basis vun deene Resultater opzebauen.

Interessant schéngt eis och d'Iddi, déi d'Ëmweltkommissioun zréckbehalen huet, fir dem Conseil économique et social nach eng zousätzlech Aufgab ze ginn, nämlech méi eng ekologesch. Et kënnt een an Zukunft vläicht vun engem Gremium schwätzen, wat sech Conseil économique, social et environnemental géing nennen. Natierlech misst een dann och iwwert d'Compositioun vun deem Gremium nodenken.

Mir begréisse selbstverständlech d'Asetzung vun engem Conseil supérieur du développement durable, déi de Statsminister a senger Ried iwwert d'Lag vun der Natioun ugekënnegt hat. Dat ass eng Iddi, déi mir als Demokratesch Partei ënnerstëtzen.

An dann däerf ee jo och net vergiessen, dass mer schlussendlech e Basisdokument hunn, wat sech Plan de développement durable nennt. Ech sinn der Meenung, dass mer dat Dokument sollen nach eng Kéier op de Métier huelen, besonnesch um Niveau vun der Chamber duerchdiskutéieren, fir esou vläicht kënnen nei Pisten erauszezéien, wéi mer den Développement durable konkret zu Lëtzebuerg ëmsetze kënnen.

Schlussendlech däerf een och net vergiessen, dass mer nach en Dokument iwwert d'Landesplanung hunn, wat sech Programme directeur nennt. Och do sinn interessant Aussoen dran. Och do soll ee sech Gedanke maachen, besonnesch wat eng kohärent Landesplanungspolitik ugeet, déi awer och e wichtegt Element vun dem Développement durable ass.

Mir wäerten an Zukunft nach vill an oft d'Geleeënheet kréien, fir iwwert d'Nohaltegkeet ze schwätzen, mä virun allem musse mer et fäerdeg bréngen, de Bierger nach méi um Débat ze associéieren. Ech beruffe mech hei op eng Statistik aus Däitschland, laut där anscheinend nëmmen 10% vun de Leit mam Begrëff Développement durable oder Nachhaltigkeit eppes kënnen ufänken. Ech hoffen, dass dee Prozentsaz zu Lëtzebuerg e bësse méi grouss ass, mä och do soll ee sech kengen Illusiounen higinn. Et wär och emol interessant gewuer ze ginn, wéi vill Leit iwwerhaapt eppes kënne mat deem Term an eisem Land ufänken. Dofir fält an deem ganzen Diskussiounsprozess net nëmmen der Politik eng wichteg Roll zou, mä och den ONGen.

D'DP jiddefalls ënnerstëtzt eng breet Campagne, fir d'Nohaltegkeet nach méi an de Sproochgebrauch kënnen ze integréieren. Mat där Debatt vun haut leeë mer ouni Zweifel schonn e wichtege Grondsteen.

Et ass e passionnanten Débat, mä e riskéiert awer och zum Deel, an déi falsch Richtung drainéiert ze ginn, well d'Zukunft wëlle viraussoen ass jo u sech keng exakt Wëssenschaft. Dat illustréiert och eng Etüd, déi d'Regierung am Joer 1989 an Optrag ginn huet, fir ze wëssen, wéi d'Land eelef Joer méi spéit géif ausgesinn. Déi Etüd huet deemools „Prognos 2000" geheescht. Ech wëll lech just op een Element hiweisen, an zwar op dat vun der Populatioun.

Deemools stong an där Etüd: „Die Wohnbevölkerung wird bis zum Jahre 2000 um etwa 7.000 auf 376.500 anwachsen. Nach 2000 ist allerdings ein Bevölkerungsrückgang wahrscheinlich. Bis zum Jahr 2010 rechnen wir mit einer Bevölkerung von noch 374.000." Do wär ee geneigt ze soen: Ouni Kommentar! Dat sinn eréischt eelef Joer hier. Do gesäit een, a wéi engem kuerzen Zäitraum Expäre sech awer och kënne mat hire Prognosen ieren.

Ech wëll op dëser Plaz awer och meng Parteipresidentin, d'Lydie Polfer, zitéieren, déi um leschten DP-Kongress iwwert d'Zukunft vum Land Folgendes gesot huet: „Sécher mir sollen, mir musse virsiichteg sinn. Dat heescht awer och virsiichteg si mat Spekulatiounen oder mat Projektiounen, déi als Zweck hunn, eng virgefaasste Meenung vun haut wëllen ze beweisen. D'Land brauch keng falsch Propheten. Mir brauchen eng couragéiert an eng engagéiert Virbereedung op déi Erausfuerderungen, déi elo virun ons leien. Mir kennen d'Method: Et ass déi vun der nohalteger Entwécklung. Mir kennen d'Fuerderung: Et ass déi vun enger gesécherter Liewensqualitéit."

(Interruption)

Ech maache mech hei zum Sproochrouer vu menger Parteipresidentin.

Falsch ass et awer, den Débat iwwert d'Zukunft vum Land an deen iwwert d'Nohaltegkeet ze trennen, well d'Zukunft kann nëmmen nohalteg gestallt ginn.

Richteg ass, dass mer de Wëllen, souwuel de politesche wéi och den individuelle Wëlle brauchen, fir déi nohalteg Ziler ze erreechen. Dat bedéngt awer e gréissere Mentalitéitswiessel. An all eist Handele muss de Gedanke vun der Nohaltegkeet afléissen.

Nach ass et net ze spéit, mä d'Zäit bleift net stoen an eis moralesch Verflichtung vis-à-vis vun de kommende Generatioune gëtt all Dag méi grouss.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Domat si mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. D'Fortsetzung vun den Debatten ass haut de Mëtteg. D'Sitzung fänkt um 14.30 Auer un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 12.24 heures)